# De Louis



De Schierener Buet

N° 04 Januar 2002

De Schierener Buet

Nº 04 Januar 2002

# Titelphoto

D'Birtringer Schlass am Schnéi a vum liichten Niwwel am Dall ageweckelt versetzt däss Landschaft an ee klengt Mäercheparadis. Désst Joër weist sech de Wanter vu senger schéinster Säit. Schnéi, dee méi wéi zwee Deeg läit, kal Temperaturen an ee bloen Himmel, si alleguer zesumme verzauberen d'Natur a Leit a loossen den alldeegleche Stress fir e kuerze Moment vergiessen. (Photo: Jos Nerancic)


## Redaktioun an Zesummensetzung

Guy Berwick, Mil Goerens, Jos Nerancic, Camille Pletschette, André Schmit.

### Entworf vum Deckel

Camille Schaul

### Fir d'Fotoen soen mir villmols Merci dem:

Jos Nerancic, Luc Schumacher, Carlo Thill, Jos Lutgen, Jean-Claude Feinen, Alain Lutgen an de Veräiner

### Drock

Imprimerie de Gasperich s.à r.l., Schieren
Z.I. rue de la Gare, 19

### Oplo

600

### Präiss

Eenzelnummer 3 €, Abonnement 12 €.

De Schäfferot iwwerhëllt d'Responsabilitéit vun den Artikelen.
e-mail: de.louis@gmx.net


# An dëser Nummer


Neijoersusproch-Buergerméschter ..... 1

Présentation du conseil communal ..... 2-6

Chrëschtfeier vun der Schierener Gemeng ..... 7

Anniversaires ..... 8-9

Etat civil ..... 10-11

Verstoppe vun Jongen während der Naziokkupation ..... 12-14

Absturz einer fliegenden Festung ..... 14-15

Géneral Aubier ..... 16-17

Buet Louis ..... 17

Konveniat 1919-1926 ..... 18

Konveniat 1960 ..... 19

Route du Nord ..... 19

Sportleréierung ..... 20-21

Journée du grand age ..... 22

Football Härenekipp Ausflug ..... 23

150 Joer Gemeng Schieren ..... 24

Football Fairplay ..... 24

Concert Chorale ..... 25

Galakonzert Musek ..... 25

Kléeschen bei der Jugend ..... 26

Niklosfeier ..... 26-27

Pompiers Bärbelenfeier ..... 27

Generalversammlung Musek ..... 28-29

Massendenger ..... 30-31

Gaard on Heem ..... 32-33

Préscolaire ..... 33-34

Pflanzaktioun ..... 35

Baum des Jahres ..... 35

Budget 2002 ..... 36-46

Feierdeegswönsch: Redaktionscomité ..... 48

Festkalenner



# Léiw Schierener Matbierger, ee Wuert zum Joreswiesel

D'Joer 2001 ass eriwwer, a mir behalen et ganz sëcher net an allerbeschter Erënnerung.

Mir sinn ëm eng Erkenntnis méi räich ginn, nämlech, datt mir trotz modernsten Technologien a Wëssen net am Stand sinn, Aktiounen an Terror ewéi zu New York ze ënnerbannen.

Den 11. September huet eis erwëscht, an et gouf gewëssermoossen der ganzer Welt an enger Stonn bewisen, wéi verletzlech déi stärksten an onverletzlech gegleewte Muecht op dëser Welt dach ka sinn.

Duropshin koum de Krich am Afghanistan. Hoffentlech ass et nit nees eng Ketten ouni Enn, ewéi dat sech haut nach all Dag am Noen Osten manifestéiert.

Vill hu mir an deem Joer 2001 erliewt, net alles war schlecht, mä villes war net gudd.

Bei all dësen Evenementer hu mir bal ganz vergiess, datt 2001 d'Joer vum Benevolat war, an dobéi ass de Benevolat esou wichteg fir eng Gesellschaft.

Durfir villmols ***merci*** alle Schierener Bierger, déi sech während dem Joer u solchen Aktioune bedeelegt hunn.



2002 soll esou muenches besser ginn, wat mir alleguerten begréisse wäerten.

Mat der Aféierung vum EURO kann nach esou muenchereen seng Problemer kréien, an do musse mir alleguerten mathëllefen, datt keen Abus gedriwwe gëtt, an ech géif mengen, datt et hei besonnesch eis Pflicht wäert ginn, eelere Matbierger ze hëllefen, an hinnen eis Ënnerstëtzung fräiwëlleg a gewëssenhaft unzebidden.

Eminent wichteg ass a bleiwt eis Aarbechtsplaz, an datt mir Lëtzebuerger nit verschount bleiwen vun deem wat sech an der Welt deet, misst spéitestens haut deem Leschten vun eis kloer gi sinn.

Bei deene ville Synergien déi entstinn, bleiwt ze hoffen, datt d'Ausmooss vum Suppriméieren vun Arbechtsplazen nët ze drastesch ausfällt.

Loosse mer awer net ze séier pessimistesch sinn, an eis iwwerrasche loossen vun all deem Positiven wat eis dëst Joer erwaart.

Em Chrëschtdag fänkt een ëmmer un nodenklech ze ginn, a wann een dann dat Joer Revue passéiere léisst, da wëllt ee sech ëmmer nees verbesseren. Dat soll och esou sinn well soss muss ee sech dach iwwerflësseg virkommen.

Dat soll mäi Signal si fir jiddereen, och am neie Joer mat frëschem Mut dem Alldag entgéint ze trieden. De räichsten an zefriddenste Mënsch op dëser Welt muss dee sinn, dee moies opsteet a vun sech behaapte kann "ech si gesond".

Duerfir léiw Schierener Bierger, fir lech all een schéint neit Jäehrchen, awer virun allem eng gudd Gesondheet.

Buergermeeschter
Jos Lutgen

# Le Conseil Communal

*Cette fois-ci c'est au conseil communal d'être présenté.*



### Patrick BERWICK

A sa première élection en 1981. Patrick Berwick était le plus jeune élu du pays.
Il est par ailleurs jusqu'à ce jour le plus jeune conseiller jamais élu dans notre commune.
Il travaille auprès de DEXIA BIL et il est père de deux enfants. Il est membre de la Commission des Bâtisses.



### Juliette KEMP-WEBER

Juliette Kemp-Weber est la seule femme au sein du conseil communal. Rien de plus normal qu'elle défend surtout la cause féminine. Elue pour la première fois en 1993, elle est Présidente de la Commission des Jeunes.
Elle travaille auprès de la Fiduciaire Arend à Mersch et est Présidente du «Turnveräin». Pendant ses loisirs elle s'adonne à la chanson qu'elle pratique chez les Bänkelsänger.



### Jean dit Jang MONS

C'est en 1969 que Jean Mons a été élu pour la première fois comme conseiller. Aujourd'hui rentier après avoir travaillé aux C.F.L. il peut se consacrer à son hobby préféré, la chasse.
Il est Président de l'Office Social, fonction qu'il assume avec beaucoup d'engagement, du Syndicat de Chasse et de la Commission des Forêts et Chemins Ruraux.



### Antoine dit Tun NICKELS

Tun est le doyen des conseillers actuels. Sa première élection remonte à 1975. Depuis lors il est resté membre du conseil.
Né en 1930 il est rentier après avoir travaillé au CHNP comme infirmier. Menuisier de formation il en a fait son hobby. Membre de la Fanfare depuis sa constitution en 1947 il a joué pendant des décennies la grande caisse. Depuis 1947 il est également membre de la Chorale. Il occupe depuis 1967 le poste de caissier de la section CTF. Il est membre de la Commission des Bâtisses. Il est également membre du Comité de l'association «Hëllef fir Polen»



### Camille PLETSCHETTE

Elu pour la première fois en 1999 dès sa première candidature, Camille Pletschette représente le conseil communal en tant que président dans la Commission de l'Environnement.
Son engagement au niveau social se reflète non seulement dans le choix de sa profession d'infirmier, mais encore dans son volontariat pour l'association «Liewen dobaussen».
Né en 1946, père de trois enfants, Camille est encore musicien et membre du Comité de la "Schirener Musek".



### Marc SCHMITZ

Marc est le «youngster» des conseillers.
Né le 26.1.1978 il a été élu dès sa première candidature.
Grand sportif il travaille auprès du CHNP à Ettelbruck.
Il est Président de la Commission de la Circulation, membre de la Commission des Etrangers et de la Commission des Jeunes. Il s'occupe également comme entraîneur de la formation des jeunes footballeurs.

*Le conseil communal représente la commune. Il correspond toutes proportions gardées à ce que la Chambre des Députés est pour l'Etat.*



**Extrait de la loi communale du 13 décembre 1988 telle qu'elle a été modifiée et complétée dans la suite:**

**Chapitre 2. Du conseil communal**

Section 1re . De la formation du conseil communal

**Art. 5.-** Les conseillers communaux sont élus directement par les électeurs de la commune, le tout dans la forme et de la manière déterminées par la loi électorale.

**Art. 6.-** Les conseillers prêtent, avant d'entrer en fonctions le serment suivant:

«Je jure fidélité au Grand-Duc, d'observer la Constitution et les lois du pays, et de remplir avec zèle, exactitude, intégrité et impartialité les fonctions qui me sont confiées».

Ce serment est prêté par les conseillers entre les mains du bourgmestre ou de celui qui le remplace.

Quant aux conseillers qui, à l'expiration de leur mandat, sont immédiatement réélus, le serment qu'ils ont prêté antérieurement est considéré comme valable et suffisant.

**Art. 7.-** Tout candidat élu conseiller communal peut, après validation de son élection, renoncer, avant son installation, au mandat qui lui a été conféré.

Ce désistement est donné par écrit au conseil communal. Une copie en est adressée en même temps au ministre de l'Intérieur et au commissaire de district.

**Art. 8.-** Le conseiller qui, après avoir reçu deux convocations consécutives aux fins de prêter serment, s'abstient, sans motif légitime, de remplir cette formalité, est considéré comme ayant renoncé à son mandat. Cette renonciation est formellement constatée par le ministre de l'Intérieur sur proposition du conseil communal ou du commissaire de district.

**Art. 9.-** Le conseiller élu au conseil communal, frappé d'incompatibilité par les articles 156 ou 158 de la loi électorale, ne peut être admis à prêter serment aussi longtemps que l'incompatibilité subsiste.

Le candidat élu est considéré comme se désistant de son mandat si, dans les trente jours à dater de la mise en demeure que lui notifie le collège des bourgmestre et échevins ou le ministre de l'Intérieur, il n'a pas mis fin à la situation incompatible avec son mandat.

**Art. 10.-** Tout membre du conseil communal qui accepte des fonctions incompatibles avec son mandat cesse de faire partie du conseil, si dans les trente jours à dater de la mise en demeure que lui notifie le collège des bourgmestre et échevins ou le ministre de l'Intérieur, il n'a pas résilié les fonctions incompatibles avec son mandat.

**Art. 11.-** Aussitôt après la prestation de serment, il est procédé à la formation du tableau de préséance des membres du conseil. Ce tableau qui est dressé par le conseil communal, sous l'approbation du ministre de l'Intérieur, est réglé d'après l'ordre d'ancienneté de service des conseillers.

Les nouveaux membres y sont inscrits d'après la date et dans l'ordre de leur élection, à la suite de ceux qui sont déjà inscrits au tableau préexistant. Ceux qui sont élus par continuation ne sont pas considérés comme nouvellement entrés.

Lorsque l'entrée en service a lieu à la même époque pour plusieurs conseillers, l'ancienneté est déterminée d'après le nombre des suffrages. Au cas de parité de voix, le plus âgé l'emporte. Les candidats proclamés élus sans scrutin, en vertu de l'article 169 de la loi électorale, devancent ceux qui sont élus au scrutin.

Section 2. Du fonctionnement du conseil communal

**Art. 12.-** Le conseil communal se réunit toutes les fois que l'exigent les affaires comprises dans ses attributions et au moins une fois tous les trois mois.

Il est convoqué par le collège des bourgmestre et échevins ou, en cas d'urgence, par le bourgmestre seul. Sur la demande écrite et motivée de la majorité des membres du conseil ou du ministre de l'Intérieur, le collège des bourgmestre et échevins est tenu de convoquer le conseil, avec l'ordre du jour proposé, dans un délai maximum de quinze jours.



# Le Conseil Communal

**Art. 13.-** Sauf le cas d'urgence, la convocation se fait, par écrit et à domicile, au mois cinq jours avant celui de la réunion , elle mentionne le lieu, le jour et l'heure de la réunion et en contient l'ordre du jour.
Aucun objet étranger à l'ordre du jour ne peut être mis en discussion, sauf dans les cas d'urgence. L'urgence est déclarée par la majorité des membres présents. Leurs noms sont inscrits au procès-verbal.
Tout objet d'intérêt communal qu'un membre du conseil communal demande au bourgmestre de faire figurer à l'ordre du jour du conseil doit y être porté par le collège des bourgmestre et échevins pour autant que la demande motivée a été faite par écrit et trois jours au moins avant la date de la réunion du conseil.
Pour chaque point à l'ordre du jour, les documents, actes et pièces afférents peuvent être consultés, sans déplacement, par les membres du conseil à la maison communale durant le délai prévu à l'alinéa 1er du présent article. Il peut en être pris copie, le cas échéant contre remboursement.
**Art. 14. -** *(Loi du 28 décembre 1995)*
Le conseil communal se donne un règlement d'ordre intérieur qui arrête la façon dont il exerce ses attributions, compte tenu des dispositions de la loi.
La langue usuelle parlée au conseil communal est le luxembourgeois. Les conseillers peuvent s'exprimer également dans l'une des autres langues visées à l'article 3 de la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues. Nul ne saurait toutefois demander interprétation de la langue parlée au une traduction des documents écrits présentés en une des langues visées par la loi précitée ou en toute autre langue.
**Art. 15. -** Le conseil communal peut constituer des commissions consultatives dont la composition, le fonctionnement et les attributions sont fixés par règlement d'ordre intérieur.
Dans les communes qui votent d'après le système de la représentation proportionnelle chaque groupement de candidats est représenté dans les commissions consultatives en fonction du nombre de ses élus au conseil.
**Art.16. -** Le bourgmestre ou celui qui le remplace préside le conseil communal.
Le président ouvre et clôt la séance. Il peut aussi la suspendre pour un temps limité dans les conditions fixées par le règlement d'ordre intérieur.
**Art .17. -** Le président a seul la police de l'assemblée. Il peut faire expulser de l'auditoire au faire arrêter toute personne qui trouble l'ordre.
**Art 18. -** Le conseil ne peut prendre de résolutions, si la majorité de ses membres en fonctions n'est présente. Cependant, si l'assemblée a été convoquée deux fois sans s'être trouvée en nombre requis, elle pourra, après une nouvelle et dernière convocation, quel que soit le nombre des membres présents, prendre une résolution sur les objets mis pour la troisième fois à l'ordre du jour.
Les deuxième et troisième convocations se feront conformément aux règles prescrites par les articles 12 et 13, et il sera fait mention si c'est pour la deuxième fois ou pour la troisième que la convocation a lieu; en outre la troisième convocation rappellera textuellement les deux premières dispositions du présent article. Un membre du conseil qui, sans motif légitime, n'aura pas été présent à trois séances consécutives pourra, sur la proposition du conseil, être déclaré démissionnaire par le ministre de l'Intérieur.
**Art. 19. -** Le conseil décide à majorité des suffrages. En cas de partage, l'objet en discussion devra être reporté à l'ordre du jour de la séance suivante ; au même cas de partage dans cette seconde séance, le bourgmestre, ou celui qui le remplace, a voix prépondérante.
Les membres du conseil votent à haute voix, à main levée ou par assis et levé. Le vote à haute voix a lieu par ordre alphabétique et commence par le conseiller dont le nom est sorti premier de l'urne.
Les présentations de candidats, nominations aux emplois, démissions ou peines disciplinaires sont décidées au scrutin secret à la majorité absolue.
Le conseil communal peut décider, par délibération à caractère général, que pour les présentations de candidats, les nominations définitives, les promotions et les déminssions, le vote se fait à haute voix, à main levée ou par assis et levé. Toutefois, dans ces cas, le vote au scrutin secret reste de rigueur si un membre du conseil le demande.
En ce qui concerne l'administration des hospices civils, les conditions de validité des délibérations de la commission, de l'ordre et de la tenue des séances, sauf en ce qui concerne la publicité, les conditions d'annulation de ses délibérations et de recours sont celles que fixe la législation en vigueur pour les conseils communaux.
**Art. 20. -** Il est interdit à tout membre du corps communal, au secrétaire et receveur :
1° d'être présent aux délibérations du conseil communal et du collège des bourgmestre et échevins sur des objets auxquels il a un intérêt direct, soit personnellement, soit comme chargé d'affaires ou fondé de pouvoir ou auxquels ses parents ou alliés jusqu'au troisième degré inclusivement ont un intérêt personnel et direct. Cette interdiction s'applique tant aux discussions qu'au vote ;
2° d'intervenir comme avocat, avoué ou chargé d'affaires dans les procès dirigés contre la commune. Il ne pourra, en la même qualité, servir la commune, si ce n'est gratuitement ;
3° de prendre part, directement ou par personne interposée, à aucun marché de travaux, de fourniture ou

de services pour la commune. Cette interdiction s'applique également aux sociétés civiles, en nom collectif, en commandite simple ou à responsabilité limitée dans lesquelles le membre du corps communal, le secrétaire ou le receveur est associé, gérant ou mandataire salarié ainsi qu'aux sociétés par actions ou coopératives dans lesquelles il est administrateur chargé de la gestion courante ou employé dirigeant.
Cette interdiction s'applique encore aux sociétés par actions et sociétés coopératives dans lesquelles un membre du collège des bourgmestre et échevins appartient au conseil d'administration.
L'interdiction visée aux alinéas qui précèdent sub 3° ne s'applique pas aux fournitures et prestations urgentes de faible envergure faites par un commerçant ou artisan, lorsqu'aucune autre entreprise de la même branche n'existe dans la commune ou dans le voisinage.
Elle ne s'applique pas non plus aux sociétés visées à l'article 13 de la loi modifiée du 14 février 1900 concernant la création de syndicats de communes.

**Art. 21. -** Les séances du conseil communal sont publiques.
Toutefois, pour des considérations d'ordre public ou à cause d'inconvénients graves, le conseil, à la majorité des deux tiers des membres présents, peut décider, par délibération motivée, que la séance est tenue à huis clos.

**Art. 22. -** Le conseil communal se réunit à la maison communale ou dans un local particulier à désigner par le conseil communal, sous l'approbation du ministère de l'Intérieur.

**Art. 23. -** Les membres du conseil communal ont le droit de prendre connaissance des décisions du collège des bourgmestre et échevins prises en exécution des délibérations du conseil communal.

**Art. 24. -** Tout habitant de la commune et toute personne intéressée a le droit de prendre connaissance et copie, le cas échéant contre remboursement, sans déplacement, des délibérations du conseil communal, à l'exception de celles qui furent prises à huis clos, aussi longtemps que le conseil n'a pas décidé de les rendre publiques.
Le même droit ne peut en aucun cas et sous aucun prétexte être refusé au fonctionnaire délégué à cet effet par le ministre de l'Intérieur ou par le commissaire de district. A de pareils délégués ou commissaires spéciaux doivent aussi être fournis tous les renseignements que possède l'administration communale et dont ils ont besoin pour remplir leur mission.

**Art. 25.-** Les membres du conseil ont le droit de poser au collège des bourgmestre et échevins des questions relatives à l'administration de la commune. Il y est répondu par écrit dans le mois ou oralement lors de la première réunion utile du conseil communal, le tout dans la forme et de la manière prévues au règlement d'ordre intérieur.

**Art. 26. -** Les délibérations du conseil communal sont rédigées par le secrétaire et transcrites sans blanc ni interligne, sur un registre à feuilles fixes ou mobiles qui est coté et paraphé par le bourgmestre ; elles sont signées par tous les membres présents dans les meilleurs délais et si possible lors de la prochaine réunion du conseil, sans qu'il puisse en être délivré expédition avant les signatures de la majorité.

Les délibérations constatent le nombre des membres qui ont voté pour et contre.

Ces expéditions sont signées par le bourgmestre ou celui qui le remplace et contresignées par le secrétaire ; elles énoncent les noms de tous les membres qui ont concouru à la délibération.

**Art. 27. -** Des jetons de présence peuvent, sous l'approbation du ministre de l'Intérieur, être accordés aux membres du conseil et aux membres des commissions consultatives pour l'assistance aux séances du conseil et à celles de ses commissions.
Des jetons de présence peuvent également être accordés, sous l'approbation du ministre de l'Intérieur, aux membres des commissions administratives des offices sociaux et des hospices civils pour l'assistance aux séances desdites commissions.

Section 3. Des attributions du conseil communal

**Art. 28. -** Le conseil communal règle tout ce qui est d'intérêt communal ; il délibère ou donne son avis toutes fois que ses délibérations ou avis sont requis par les lois et règlements ou demandés par l'autorité supérieure.
Les délibérations du conseil sont précédées d'une information lorsqu'elle est prescrite par les lois et règlements ainsi que toutes les fois que le conseil communal le juge nécessaire.

**Art. 29. -** Le conseil fait le règlements communaux.
Ces règlements ne peuvent être contraires aux lois ni aux règlements d'administration générale.
Le conseil en transmet, dans les huit jours, des expéditions au ministre de l'Intérieur.
Les infractions aux règlements communaux sont punies de peines de police, à moins que d'autres peines ne soient prévues par des lois spéciales.
Lorsque l'importance de la matière l'exige, le conseil communal peut, par délibération spécialement motivée, porter le maximum de l'amende jusqu'à 100.000 francs.
Ces délibérations sont soumises à l'approbation du ministre de l'Intérieur.

**Art. 30. -** Le conseil communal nomme, révoque et démissionne les fonctionnaires et les employés de la commune, sous l'approbation du ministre de l'Intérieur.

**Art. 31. -** Le conseil nomme les membres des commissions administratives des hospices civils et des offices sociaux. Cette nomination est faite pour le terme fixé par la loi. Elle a lieu sur deux propositions, présentées l'une par l'administration de ces établissements, l'autre par le collège des bourgmestre et échevins. Le candidat



# Le Conseil Communal

figurant dans une proposition peut également figurer dans l'autre.

Les membres des commissions administratives des hospices civils et des offices sociaux doivent être de nationalité luxembourgeoise. Les incompatibilités établies à l'égard des conseillers communaux leur sont applicables, sauf qu'ils peuvent être choisis parmi les ministres d'un culte salariés comme tels par l'Etat.

Expédition des actes de nomination est transmise au ministre de l'Intérieur, par l'intermédiaire du commissaire de district.

Le conseil communal peut révoquer les membres des commissions administratives, sous l'approbation du ministre de l'Intérieur qui peut également dissoudre lesdites commissions, le conseil communal entendu.

Il n'est pas dérogé par les dispositions qui précèdent aux actes de fondation qui établissent des administrateurs spéciaux dont la gestion reste soumise à telle surveillance que de droit de la part de l'autorité supérieure compétente.

**Art. 32. -** Sans préjudice des dispositions prévues à l'article 19 de la présente loi, toutes les fois que le conseil communal a une nomination ou une proposition de candidats à faire, le scrutin se fait par bulletins non signés, qui sont réunis par le bourgmestre ou celui qui le remplace, lequel donne ensuite lecture de ce qu'ils contiennent, tandis que deux autres membres présents du conseil communal, les premiers en rang après les échevins, s'occupent, l'un d'annoter successivement le contenu des bulletins, et l'autre d'en tenir le contrôle; il est en outre tenu par le secrétaire une liste des membres votants de l'assemblée pour chaque élection, ainsi que des personnes qui ont obtenu les voix; toutes ces opérations ont lieu en présence de l'assemblée.

**Art. 33. -** Il est fait un scrutin particulier pour chaque place vacante, à laquelle ont doit nommer, de même que pour chaque personne à porter sur une liste de proposition; on n'admet pas de bulletin de suffrage de personnes absentes; tout bulletin est considéré comme nul, si le conseil communal juge que la désignation de la personne n'est pas assez claire, ou que, pour d'autres raisons, fondées sur la présente loi, le bulletin ne soit pas admissible.

Le nullité d'un ou de plusieurs bulletins de suffrage, ainsi que des bulletins laissés en blanc, n'invalide pas le scrutin.

**Art. 34. -** Nul n'est admis au premier tour de scrutin, s'il ne réunit plus de la moitié des votes valables.

En cas de partage de toutes les voix entre deux candidats, le sort décide.

Si aucun des candidats ne réunit la majorité absolue des suffrages, il est procédé à un scrutin de ballottage entre les deux personnes qui ont le plus de voix, et la nomination a lieu a la majorité des votes.

Si le premier tour de scrutin donne à plus de deux candidats le plus de voix et en nombre égal, un second scrutin est ouvert entre eux, et les deux candidats qui obtiennent à ce scrutin le plus de voix, sont seuls soumis au ballottage.

Au cas d'une nouvelle parité de suffrages dans le second scrutin, le sort désigne les candidats à soumettre au ballottage.

Si le premier ou le deuxième scrutin, sans donner à aucun des candidats la majorité, donne le plus de voix à l'un d'eux et parité de voix à plusieurs autres, il est procédé comme au cas précédent, pour trouver celui qui, avec le premier, sera soumis au ballottage.

**Art. 35. -** Le conseil communal peut appeler les électeurs à se prononcer par la voie du référendum dans les cas d'intérêt communal et sous les conditions qu'il détermine.

Le référendum est de droit lorsque la demande en est faite par un cinquième des électeurs dans les communes de plus de trois mille habitants, et par un quart des électeurs dans les autres communes. Dans ces cas, le conseil doit organiser le référendum dans les trois mois de la demande. Les modalités du référendum sont fixées par règlement grand-ducal. Les dispositions de la loi électorale relatives au vote obligatoire, notamment les articles 259 à 262 inclusivement, sont applicables.

Dans tous les cas, le référendum n'a qu'un caractère consultatif.

**Art. 36. -** Sans préjudice des dispositions de l'article 35, le conseil communal ou le collège des bourgmestre et échevins peuvent inviter les administrés de la commune, en totalité ou en partie, à faire connaître leur opinion au sujet d'un problème communal spécifique.

La participation est facultative.

Les modalités sont déterminées par l'autorité consultante.

Le résultat de la consultation est communiqué au conseil communal.

**Art. 37.-** En cas de rejet par le conseil communal du projet de budget présenté par le collège des bourgmestre et échevins, le conseil peut être saisi d'une motion de censure, laquelle, pour être recevable, doit être signée par un tiers au moins des membres du conseil. Le vote ne peut avoir lieu que cinq jours au moins et vingt jours au plus tard après le dépôt. Seuls sont recensés les votes favorables à la motion de censure, qui ne peut être adoptée qu'à la majorité des membres composant le conseil. En cas d'adoption de la motion, les membres du collège des bourgmestre et échevins sont déclarés démissionnaires par le ministre de l'Intérieur, à l'exception des bourgmestres et des échevins des villes, qui sont démissionnés par le Grand-Duc. La motion de censure n'est plus recevable lors du vote sur le budget de l'année dans laquelle aura lieu le renouvellement intégral des conseils communaux.

La motion de censure est formulée par écrit; elle est remise au bourgmestre ou celui qui le remplace.

# Chrëschtfeier vun der Schierener Gemeng



E Freideg, de 14. Dezember, wor am neie Festsall d'Chrëschtfeier vun der Schierener Gemeng, déi och den Ofschloss vum Joër 2001 gemeet huet.

Nieft den heitegen a fréieren Gemengenaarbechter a -beamten goufen och verschidde Leit invitéiert, déi der Gemeng wäertvoll Aarbecht geleescht hun, an hirt Schaffen ass an puer Wiirder virgestallt ginn.

A senger Ried soot de Buergermeeschter Jos Lutgen jidderengem Merci fir d'Aarbecht, déi an de leschten zweelef Méint gemeet gouf. Och ass hien drop agaang, datt verschidde Leit kee Respekt méi weisen, och wann d'Aarbecht oder den Dingscht zur vollster Zefriddenheet ausgeféiert goufen.

Natiirlech däerf een am Joresréckbléck, dee sech haaptsächlech op d'Schierener Gemeng bezunn huet, den 11. September mat senge Konsequenzen nit vergiessen. Dësen Datum ass ee Wendepunkt an der moderner Geschicht. Wéi sech d'Welt wiirklech verännert huet, wäerte mir réicht an e puer Joër mierken.

Nieft dësem Horrordatum gin et awer och positiv Saachen, a jidderengem sengem perséinlechen Gléck ze fannen, wei et beim Schauls Camille wor, deem säin drëtt Kand deen Owend aus Korea ukoum.

Mam Ustoussen op dat vergaangend Joër a mat de beschte Wënsch fir d'nächst Joër huet de kulinarischen Deel vum Owend ugefaang.

Jiddereen, deen deen Owend do wor, kruut nom lessen e Euro-Starter-Kit als Cadeau,an daat ronn 8 Stonnen virun all deenen aneren Lëtzebuerger.

Jos Nerancic




### *95 Joer fir* d'Madame Lucie Peiffer-Schmitz

Den 20. Oktober huet di eelst Awunnerin vu Schieren, d'Madame Lucie Peiffer-Schmitz, hire 95. Gebuertsdag gefeiert. Bei dëser Geleenheet hate sech de Schefferot an eng Delegatioun vun den Enrôlés de Force bei der Madame Lucie Peiffer afonnt, fir hir zu dësem seltene Jubliäum ze gratuléieren.
Dobäi kann d'Madame Peiffer op een ereegnisräicht an erfëllt Liewen zréckkucken. Si ass gebueren zu Hëpperdang als sechst vun néng Kanner; si war also vun Ufank un un ee grousse Stot mat vill Aarbecht gewinnt, an dat sollt hir am spéidere Liewen nach dacks ze gudd kommen. Schon a jonken Joeren, sou wéi dat fréier de Gebrauch an Haiser mat ville Kanner war, huet si missen bei friem Leit an ee Stot schaffe goen. Si huet 1936 den Nicolas Peiffer vun Huldang bestuet, an di jonk Koppel huet an deene nächsten Joren 2 Jongen kritt, de Jang an de Pol. Zwee Weltkricher huet d'Madame Peiffer erliewt, den éischten als Meedchen am Primärschoulsalter, den zweeten als jonk Mamm um Mederhaff. Hei huet si ënner Asaatz vun hirem Liewen mat hirem Mann während 2 Joer bis zu 5 Lëtzebuerger Jongen verstoppt, déi sech der Zwangsrekrutéierung vun dem preiseschen Okkupant entzéien wollten. Di nächst schwéier Prouf fir d'Madame Peiffer war wéi 1951, si hunn du schon zu Schieren geliewt, hire Mann onerwaart gestuerwen ass, an dunn huet si missen zwou grouss Erausfuerderungen eleng meeschteren, ee Bauerenhaff féieren an zwee Bouwen duerchbréngen. Och dat huet d'Madame Peiffer bravouréis gemeeschtert, an am Alter vu 70 Joer huet si och nach kräfteg mat ugepaakt fir hir Enkelkanner grouss ze zéien. Trotz all deene Verdingschter ëm hir Matmënschen ass si ëmmer ganz bescheide bliwwen, si wollt ni hir Persoun an hir Leeschtung an de Vierdergrond stellen.

Duerfir huet d'Madame Peiffer nët nëmmen zu Recht all déi Médaillen an Auszeechnunge fir hir patriotesch Haltung verdingt; hir gehéiert och den onageschränkte Respekt vum ganzen Duerf, dat hir wënscht nach e puer schéin Joren am Krees vun hirer Famill verbréngen ze kënnen. Dëse Wënsch schléisst sech d'Redaktioun vum Louis gäeren un.

## *90 Joer an méi*



**Jean-Pierre WAGNER (genannt den Jemp oder de Bunnejemp)**
Gebuer den 20.08.1908 am Rollengergronn an 1932 mam Mathilde Gengler vun Schieren bestuet ginn. 2 Kanner (John gebuer 1933 an Triny gebuer 1938), 4 Enkelen a 4 Urenkelen.
Zënter 1934 huet hien zu Schieren gewunnt, vun 1934 bis 1949 op der Gare bei der Allee (wou seng Fra d'Barrière geméet huet), duerno bis zu sengem Doud den 11. Oktober 2001 an der aler Molkerei. Vun 1935 bis zu senger Pensioun 1963 huet hien op der Bunn geschafft, an bis zum Alter vun 80 Joer ass hie matt op d'Klappjuegd gaang.



**Mme Elise LUTGEN-WEILER**
Gebuer den 21.03.1909 zu Schieren, 1944 bestuet ginn mam Mich Lutgen. Laang Joeren huet sie an der Bäckerei d'Geschäft gemaach oder ass mam Brout op den Tour gefuer.
3 Kanner, 5 Enkelen an 2 Urenkelen, gestuerwen den 15.07.2001.






**Pierre PETRY**
Pierre Petry gebuer den 17 Juli 1916 zu Reiland. Bestuet ginn 1951 mam Eugenie Kiefer. 3 Kanner an 5 Enkelkanner. Wunnt zënter dem 27.2.1955 zu Schieren. War vun 1976 bis 1982 am Schierener Gemengerot.

**Mme WEBER-BARTHEL Marie**
Gebuer den 19.9.1916 zu Betten op der Mess, als 4. vun 7 Kanner. Bestuet ginn mam Pir Weber zu Naerden Ouschterméindeg 1943. Geplënnert op Schieren 1946 an d'Villa vum Schneider Rodolphe, 1950 geplënnert an hirt neigebautend Haus op der Steenerstrooss. Stolz Mamm, Groussmamm an Urgroussmamm vun 3 Kanner, 6 Enkelkanner an 2 Urenkelen. No engem aarbechtsräiche Liewe vun Mëtt November 2001 un zu Bierschbech am Blannenheem.





**Mme Beyser-Werdel Jacqueline**
Gebuer zu Schieren den 3.01.1921, huet si Schoul gehaalen ënner anerem zu Mäerzeg an Ierpeldeng. Den 10.8.1946 ass si mam Roger Beyser vu Simmer zu Schieren bestuet ginn.

Si hunn a verschiddenen Uertschaften, wou den Här Beyser Schoulmeeschter waar gewunnt: Eschduerf, Mamer, Simmer, Lëtzebuerg.
Si hunn 1 Duechter, Claudine, dat haut Zänndokter zu Ettelbréck ass.
Vun 1964 un hu si erëm zu Schieren gewunnt, an d'Madame Beyser ass den 12. Mee 2001 am Alter vun 80 Joer zu Ettelbréck gestuerwen.

**Mme Hélène HOFFMANN-BINTZ**
Gebuer den 07.01.1921
zu Blaaschent.
2 Duechteren an 5 Enkelkanner
Huet zënter März 1987 zu Schieren gewunnt wou sie de 24. Abrëll verscheed ass.





**Mme REUTER-DECKER Catherine (Triny)**
Den 9. Mee 1921 um Butzebierg zu Mäerzeg gebuer. Mat 15 Joer op Schieren komm fir bei der Famill Marx de Stoot ze man an d'Kanner ze versuergen.
Bestuet ginn den 29.11.1941 mam Jemp Reuter fir nit brauchen an den Arbeitsdienst ze goen. 2 Kanner, 5 Enkelkanner an 3 Urenkelen. Een ganzt Liewen geschafft:
-Botzen vun der Kirch an der Schoul
-Botzen an am Dolouhn a verschiddene Bauerenhäiser
-Kache vun onzeelegen Hochzäiten, Kommiounen an aner Familljefester; als fin de carrière och nach an der Kichen bei der Firma Paul Würth. Seng zwéi typesch Sätz:
"Alles wat ech hun, dat hun ech vun mengen zéng Fangeren." "Ech sinn elo iwwer 60 Joer hei zu Schieren. Ech kennen d'Schierener wéi wann ech se gefreess hätt."






**Jean MEYRATH**
De Meyraths Jängi huet den 3.09.1921 zu Eschduerf d'Liicht vun der Welt erbléckt, als 7. vun 10 Kanner. Dräi Méint méi spéit, ass d'Famill Meyrath hir op Schieren geplënnert, an dat Haus wou hien haut nach mat senger Schwester Alice wunnt.
Vu Beruf war de Jängi Schneidermeeschter, en Handwierk dem hie bis an den héijen Alter trei blouw. Newent sengem Beruff, ass hien ee passionéierten Beienziichter, an huet haut nach 18 Völker. An der Schirener Musek war de Jängi vun der Grënnung 1947 bis 1991 aktive Musikant.
Dem Jängi seng Statiounen am Krich: Abrëll 42: Arbeitsdienst zu Liersberg (bei Trier) • Dezember 42 - November 43: an d'Wehrmacht zu Wackernheim an Gonsenheim bei Mainz, duerno zu Datteln a Paderborn. Am Maerz 43 och ronn 4 Woche bei Prag • Dezember 43: iwwer Schlesien a Russland (Ukraine/Odessa) komm 3 Wochen Foussmarsch zeréck an Rumänien (Liesti Abrëll 44) • Iwer Ulm den 20.7.44 zeréck zu Schieren. Duerno 1 Mount verstoppt beim Schaus Aloyse zu Ettelbréck, duerno zu Lëppschent a schliesslech den 11.9.44 vun den Amerikaner befreit ginn.

**Jean-Pierre WEYDERT**
Gebuer den 10.12.1921 zu Esch/Uelzecht. Während dem Krich an de Kazetter vun Neuengamme, Dachau an Natzweiler. Den 17. Mee 1948 mam Lily Horper vu Péiteng bestuet ginn. 1 Kand (Paul gebuer 1955) an 2 Enkelkanner. Wunnt zu Schieren seit 1953 wou hien vun do un bis 1978 Feeschter war.





**Gust GOERENS**
Den 12. Dezember 1921 zu Schieren als 3. vu 4 Kanner gebuer a vun 1927 un beim Här Bourkel an d'Schoul gaang. Heen wär déi Zäit an der Schoul an och an der Noperschaft als Lausbouw par excellence bekannt.
1949 huet hien sech, no der Hochzäit am Mee 1948 mam Marguerite Hoffmann op de Mathgeshaff exiléiert.
4 Kanner an 8 Enkelkanner.
Hien ass 1966 nees an Erscheinung getrueden, wei hien an Komplementarwahlen an de Gemengenrot gewielt ginn ass.Als Schäffen a Buegermeeschter stong hien bis 1993 am Dingscht vun de Schierener Awunner. Bal séin eenzegen Hobby war de Gesank, wou hien elo bal séit 70 Joer aktiv ass, sief et an der Chorale Schieren oder als Ënnerhaltungskënstler bei allen denkbaren Uläss. Den Gust Goerens war an ass een wëllkommene Gaascht bei all méigleche Feieren, a gäer iwwerall dobei wou eng Kaatz geschleeft gëtt.

# ETAT CIVIL



## Mariages

CARTUS
Marco
&
BRAVENCOVA
Ludmila
21.06.2001.



AREND
Georges
&
SCHUCH
Nadia
22.06.2001



KIRSCH
Emile
&
MANGEN
Sandra
30.06.2001



NEY
Michel
&
STRUIK
Margo
13.07.2001



## Mariages

WOLTER
Marc
&
SCHOLTES
Sylvie
21.07.2001



DE SOUSA DIAS
Bruno
&
DOS SANTOS
Sonja
24.08.2001



LICINA
Ekrem
&
CIVIC
Senada
05.10.2001



KAPPLER
Frank &
JURADO
TORRES
Encarnacion
14.11.2001

# 2001



## Naissances

| | |
|---|---|
| AREND Dany | 19.02.2001 |
| WEALER Sammy | 01.03.2001 |
| RODRIGUES Bruno | 02.03.2001 |
| DIFFERDANGE Jarod Fabian | 29.06.2001 |
| GUERRA ALVES Fabio | 21.07.2001 |
| CLEMENT Joe | 27.08.2001 |
| PIRON Johan | 18.09.2001 |
| GLOVER Jason | 12.10.2001 |
| ANTUNTS RIBEIRO Andrea | 12.10.2001 |
| REIFF Charlotte | 13.10.2001 |
| REINERT Max | 24.11.2001 |
| SPAUS Laurent | 05.12.2001 |

## Décés

| | |
|---|---|
| WAGNER Jean-Pierre | 93 Joer |
| LUTGEN-WEILER Elise | 92 Joer |
| GOSSELIN Lucien | 87 Joer |
| WAGNER Camille | 81 Joer |
| BEYSER-WERDEL Jacqueline | 80 Joer |
| HOFFMANN-BINTZ Héléna | 80 Joer |
| MEYRATH Léonie | 76 Joer |
| BAUSCH Jean | 75 Joer |
| PERLOT Jos | 67 Joer |
| DOS REIS Manuel | 63 Joer |
| RODESCH Alfred | 60 Joer |
| BOEWINGER-TRINIANE Paulette | 58 Joer |


# Een Häerz fir kriibskrank Kanner

asbl

Luxembourg

Etablissement d'utilité publique

Member of ICCCPO

Siège social et lieu de rencontre:

46 rue Alexander Fleming

L-3467 DUDELANGE

téléphone: 51 46 29

gsm: 021 23 06 06

Télécopie: 26 51 18 56

secretariat@kriibskrankkanner.lu

Merci d'avoir un cœur pour les enfants malades

Marie-Marthe Bruck-Clees Présidente

BCEE 1300/5151-6


# Kleng Kiirmes

*Fréier, wéi d'Leit nach méi geselleg waren a sech gefreet hunn d'ganz Famill mol rëm eng Kéier zesummenzeruffen, war et de Gebrauch niewent der richteger Kiirmes och nach d'Kleng Kiirmes ze feieren.*

*Well d'Schierener Kiirch dem hellege Blasius geweiht ass, gouf déi Schierener Kleng Kiirmes vu jee hier op Blasius'endag gefeiert. Zënter zwee Joer beméien sech d'Sängerinnen an d'Sänger vun der Chorale CAECILIA dëse schéine Gebrauch rëm opliewen ze loossen. Dëst Joer invitéieren sie lech mat Frënn a Famill d'Schierener Kleng Kiirmes ze feieren,*

**Sonndes, den 3ten Februar 2002.**

*No enger feierlecher Houmass, gesongen vum Gesank vu Wilwerdang, kënnt Dir lech de Kiirmesmenu gutt schmaache loossen.*

*No engem gemittlechen Nomëtteg, gewierzt mat e puer Sketcher a Lidder, schmaacht lech bestëmmt och nach e Stéck Kiirmesham mat Kuch oder ee gutt Stéck Taart.*

# Verstoppe vun Jongen während

Am Mee 1941 sinn di éischt Musterungsbefehler fir den RAD (Reichsarbeitsdienst) fir d'Jongen an d'Meedercher vun den Joergäng 1920-1924 erausgaangen. Fir di Schierener jonk Leit huet dat geheescht op Ettelbréck oder Dikrech an d'Primärschoul an d'Musterung goen. An deem Moment huet RAD just bedeit fir eng Dauer vun 6 Méint an ee Barackenlager an Däitschland ze kommen, vu wou d'Leit dann ofkommandéiert goufen fir an Munitiouns- oder aaneren Fabriken, bei Drainagen, oder op Bauerenhäff ze schaffen.
1941 op Allerséilen sinn och schon di éischt Ardennerpäerd gemustert ginn, déi dann an Däitschland oder un der Front an den Asaatz komm sinn.
Den 30. August 1942 koum dunn den zweete Schlag wéi d'Wehrmacht zu Lëtzebuerg agefouert gouf, wat bedeit huet, dat dunn d'Lëtzebuerger Jongen och an den militäreschen Asaatz koumen. Vun dem Moment un hunn verschidden Jongen vun den Joergäng 1920-1924, mee och politesch Verfollegter probéiert iergendwou ënnerzedauchen. Den 31. August 1942 gouf dunn durch d'Resistenzorganisatiounen den Generalstreik ausgeruff, op deen di Däitsch op eng bluddeg Art an Weis geäntwert hunn. No dësen Episoden hunn ganz vill Leit missen an den Ënnergrond goen, siew et durch eng Flucht an d'Ausland, siew et durch Verstoppen hei am Land.

Durch Privatkontakter oder op Bestriewen vun Resistenzorganisatiounen sinn dann zouverlässeg Leit ugesprach ginn op si bereet wiren fir Jongen ze verstoppen.

Di folgend Schierener Leit haten Jongen verstoppt:

- Melsen-Gengler Ernest, nr 128 route de Luxembourg
  2 Schierener Jongen an 1 Auswärtegen
- Junck-Neu Elise, nr 9 neie Wee
  2 auswärteg Jongen fir e puer Meint um Speicher wou een geheimen Ausgank an den Schwäinstall gefouert huet am Fall vun enger Kontroll
- Peiffer-Schmitz Nicolas um Mederhaff (Grenzen)
  5 auswärteg Jongen 1943 an 1944
- Hoffmann-Metz Emile um Mathgeshaff
  17 Jongen zwëschen 1942 an 1944



*Konveniat vun den verstoppte Jongen 1979 um Mathgeshaff*

Zäitzeien erzielen vum Mathgeshaff:
Di éischt 6 Jongen waren am Haus verstoppt, entweder beim Kneecht an der Kummer oder uewenop an den Schlofkummeren. Den zweete Grupp war an 2 Bunkeren am Raalach hannert der Colmar Gare an engem Dennebësch an an enger Greecht, wou an all Bunker 2 Jongen souzen. Den 3. Grupp war an engem Véihstall an der Sauerheck verstoppt (hannert dem Seelerhaff).
D'Ariichtung vun esou engem Bunker huet bestaan aus:

- 2 iwereneen gezammert Better
- 1 klengen Holzuewen
  (organiséiert aus engem Eisebunnshäischen)
- 1 Dësch matt 2 Still

D'Feier huet nëmmen an der Nuecht dirfen ugefang ginn, fir dat den Damp d'Jongen nit verroden huet.
Am Februar 1944 waren e puer Jongen eng Kéier nuets mat den Veloen een Tour maachen an si waren dobei vun enger Patrull kontrolléiert ginn. Duerno huet den Emile Hoffmann direkt duerfir gesuergt, dat déi 6 Jongen op aner Plazen ënner Dach komm sinn. Eng Woch méi spéit koumen 3 Kamionen matt däitschen Zaldoten, déi den ganzen Haff ëmstallt hunn an eng Hausdurchsuchung virgeholl hun, mee glécklecherweis waren d'Jongen alleguer fort; duerno sinn dunn déi jonk Männer nëmmen méi an Bunkeren oder an Feldscheieren verstoppt ginn.



*D'Scheier an der Sauerheck hannert dem Seelerhaff*

Bei deene 17 Jongen, dei um Mathgeshaff verstoppt waren, waren och 3 Schierener Jongen derbei, an zwar den Felix Kirsch, den Paul Helbach an den Alphonse Meisch. Regelméisseg organiséieren déi Hären all puer Joer e Konveniat wou si sech am Ufank mam Emile Hoffmann an mat der Traud Metz getraff hunn. No deenen hirem Doud treffen si sech mat hiren 3 Meedercher als Dank fir déi Risiken déi dës Leit agaang sinn fir déi Jongen virum preiseschen Okkupant ze verstoppen.

# der Naziokkupatioun

Den 2. Grupp vu Jongen war um Mederhaff bei der Famill Nic Peiffer-Schmitz verstoppt. Den Mederhaff läit zwëschen Grenzen an dem Carelshaff, an hien as ze erréchen wann een beim Grenzerhaff an der Kéier den Bëschwee erop geet. No ongeféier 2 Kilometer fënnt een den Haff, oder besser gesot, dat wat dovun nach iwwreg bliwwen ass, op der rechter Säit 50 Meter vum Wee ewech. Den Mederhaff ass derbei ganz ze verfalen an zouzewuessen, well en vun 1955 un, wéi den läschten Pächter van der Wekene fort gaang ass, nët méi bewunnt war.



D'Ruinen vum Mederhaff am Dezember 2001.

D'Famill Peiffer hat den Haff vun 1941 bis 1945 gepacht. Esou wéi och an anere Fäll sinn Kontakter geknëppt ginn mat Resistenzorganisatiounen, wou dann di eenzel Persounen sech ëm d'Organisatioun, den Transport oder aner Problemer gekëmmert hunn. Am Fall vun der Famill Peiffer ass d'Kontaktopnam an d'Begleedung vun den Jongen vum Här Jean Feidt, engem Holzhändler vun Ettelbréck, gemaach ginn.

Vun 1943 bis 1944 waren 5 Jongen um Mederhaff verstoppt an d'Ënnerbréngung huet selwecht fonktionnéiert wéi an deenen aneren Bauerenhäff och. Am Ufank, wou nach jiddereen méi suerglos war, konnten d'Jongen am Haus (Späicher oder Keller) iwwernuechten. Am November 1943 hunn emol owes zwéin preisech Polizisten den Här Nic Peiffer verhéiert, well si e puer Deeg virdrun Jongen um Haff observéiert haten. Di ganz Froerei huet sech an der Kichen ofgespillt, an déi 3 Jongen déi dunn um Haff waren, souzen ënnert der Kichen am Rommelskeller an hunn dem Verhéier nogelauschtert.

Ofgeschreckt duerch dësen Virfall war et zevill riskant, weider am Haus ze bleiwen, an dunn gouf decidéiert fir iwwer dem Kéistall e Bunker an d'Hee ze bauen, an deen en nëmmen vun ënnen duerch d'Raf Zougank hat. Déi Virsichtsmossnahmen waren och néideg, well d'Preisen enges Mueres um 6 Auer mat 20 schwéierbewaffneten



Den Mederhaff wéi en an den 40er Joren ausgesinn huet

Leit den Haff ëmstallt an eng Hausdurchsuchung gemach hun. Doduerch dat plazeweis op der Scheier d'Spawecken gefeelt hunn, waren si der Stopp ganz no komm; et war eleng dem ville Stëps ze verdanken, duerch deen d'Preisen un d'Néizen komm sinn, dat si am leschte Moment d'Sich ofgebrach hunn.



D'Famill Peiffer matt hiren Jongen Jang an Pol 1945 um Mederhaff

## Verstoppen vun Jongen während der Naziokkupatioun

Et war fir d'zweet ganz knapp ausgang, an dunn sinn d'Jongen fir eng kuerz Zäit op anere Plazen verstoppt ginn, ir si dunn no an no sech erëm um Mederhaff afonnt hunn, wou si dann an engem Bunker am Bësch verstoppt waren bis d'Amerikaner komm sinn. Hir an der Famill Peiffer hir grouss Chance war, dat bei all deenen Durchsuchungen keng Honn agesaat goufen, well soss wier déi Aventure nët esou glécklech ausgaang. Vun deene 5 verstoppten Jongen liewt haut nach just den Här Roby Mergen vun Dikrech, deen och bis op den heitegen Dag den Kontakt zur Famill Peiffer nët ofbriechen geloss huet. Leider ass den Här Nic Peiffer schon 1951 gestuerwen, an dunn louch d'Verantwortung vun engem Bauerebetrieb zu Schieren mat zwee klengen Bouwen eleng op de Schëlleren vun senger Fra, der Madame Lucie Peiffer-Schmitz. Si huet dat bravouréis gemeeschtert, an si verbréngt elo hiren wuelverdingten Liewensowend zu Schieren, wou si dëser Deeg mat 95 Joër als eelsten Biergerin vu Schieren geéiert gouf.



*Mme Peiffer mat hiren Jongen Jang an Pol op hirem 95.Gebuertsdag*

Déi folgend Auszeechnungen huet d'Famill Peiffer fir hiert couragéiert Behuelen kritt:

- Croix de la résistance à titre posthume fir Nicolas Peiffer 1968 iwwerreecht vum Staatsminister Pierre Werner un seng Fra
- Medaille de la reconnaissance nationale, fir Lucie Peiffer-Schmitz, 1969 iwwerreecht vun der Amicale des enrôlés de force, victimes du nazisme Schieren
- Croix de la résistance fir Lucie Peiffer-Schmitz, 1970 iwwerreecht vum Här Léon Bollendorf.




# ABSTURZ EINER FLIEGENDEN FESTUNG ÜBER SCHIEREN



Am 22. Juli 1944 meldete der deutsche Wehrmachtsbericht, daß amerikanische Bombenverbände in Süddeutschland eingedrungen waren, und hob anschließend hervor; „unsere Luftverteidigungskräfte vernichteten 68 feindliche Flugzeuge darunter 55 viermotorige Bomber„.

Tatsache ist, daß an diesem 21. Juli um die Mittagsstunde ein amerikanischer Bomber ziemlich tief über Schieren kreiste und einen Höllenlärm erzeugte. Ich saß mit meinen Eltern und Geschwistern am Mittagstisch, Bruder Metty war noch im Kriege. Wir Kinder liefen in den Garten und sahen den Bomber, aus dem nacheinander zehn Fallschirmspringer aus dem rauchenden Flugzeug sprangen. Der Bomber wurde von eigenen Thunderbolts begleitet bis der Bomber am Horizont am „Schoofsbierg" verschwand und abstürzte. Die Flieger an ihren Fallschirmen baumelnd, drifteten der Erde zu und gingen rundum „Birtringen" nieder. Zu derselben Zeit spielten sich im Dorfe Schieren in aller Öffentlichkeit Szenen ab, die für große Aufregung sorgten, und wir Kinder konnten die Festnahme von zehn Fliegern beobachten. Der erste blieb in einer Baumkrone einer dicken Buche hinter dem Schloss Birtringen hängen und wurde vom deutschen Revierförster Rothe mit dem Revolver in der Hand gezwungen sich herabrutschen zu lassen. Zwei Revolver ließ der Flieger herabfallen. Daraufhin beruhigte sich der deutsche Förster der von seiner

Tochter begleitet war, auch viele Schierener Mitläufer waren mit dabei. Der amerikanische Flieger versuchte sich herunter zu begeben, doch der Buchenstamm war zu dick, und er fiel mit den Armen bremsend zu Boden. Sofort wurde er gefesselt und durchsucht, ein dritter Revolver hatte er in den Strümpfen versteckt. Kurz und bündig wurde er abgeführt.

Der zweite Flieger war nur 200 Meter entfernt auf der Schierener Mühle „Toussaint Mühle" zu Boden gegangen und hatte sich im stillstehenden Mühlenrad versteckt. Auch hier griff die deutsche Polizei mit ihren Schierener Verbündeten ein, ein Schierener Mitläufer gab sogar dem gefangenen Amerikaner einige Fußtritte. Nach dem Kriege hatten diese Fußtritte ein gerichtliches Nachspiel.

Für uns Kinder war es ein trauriger Nachmittag, Wir erinnerten uns aber daran was Vater uns am Tische erzählte, nämlich, dass das Ende der Schreckensherrschaft nahe sei. In der Tat gab es fast tagtäglich ein Schauspiel, das allen Luxemburgern die unter den Nazi-Okkupation litten große Zuversicht einflößte. Die vorbeiziehenden Bomberverbände kündigten allen Verzweifelten und Verfolgten den baldigen Frieden an.




*Neun Mann der zehnköpfigen Crew der abgestürzten Fliegenden Festung: (v.l.n.r.) Staff Sergeant E. Gregg, S. Sgt. W. E. Shuster, Radio P.C. Tortora, Techn. Sgt. R. C. McNinn, 2nd Lt. O. B. Gates, 2nd Lt W. O. Gifford, 2nd Lt. F. Clark und 1st Lt. H.L.O. Laird. Im Vordergrund Mrs Laird. - Auf dem Bild fehlt S. Sgt. C. Kalil.*

Sechs Wochen später, am Sonntag den 10. September wurde Schieren von den Amerikanern befreit. Von Schrondweiler her in der heutigen „rue du X Septembre" sah ich den ersten amerikanischen Soldaten der gegen 19 Uhr, gefolgt von einem Panzerspähwagen bis zur Kreuzung Luxemburger/Stegenerstraße vorstieß, um sich zu erkundigen.

Antoine Nickels

*ANGABEN: Luxemburger Wort*
*E.T. Melchers*
*Eigenes Erlebnis*

B 17 Fliegende Festung
NO 7120




*Höchstgeschwindigkeit 480 Km/h • Reichweite 3000 km*
*Bewaffnung 13 Mg 12.7 mm • Besatzung 10 Mann*
*Bombenladung 5400kg*

# General Aubier zu Schieren de 15. September 2001

Um "PHLÖPPCHESHAUS" rte de Luxbg. Nr 67 zu Nidderschieren, gouf haut eng wonnerschéin Erënnerungstafel installéiert.
Hei huet emol de Melsens Johann vu Schieren a seng Fra d'Catherine Kremer vun Duerscht gewunnt, an zwar vun un dat si bestued waren bis zu hirem Doud am Mäerz 1938. Kurioserweis hu si allebéid bannen 3 Deeg des Welt verlooss.
An desem Haus goufe vun hinne *15 Kanner* gebuer *4 Jongen* an *11 Meedercher.* 5 vun de Kanner si ganz jonk gestuerwen, 3 Jongen an 2 Meedercher, esou datt nach 1 Jong an 9 Meedercher iwwregblouwen.
Deen eenzege Jong ass no England gaang wou hien 1943 kannerlos verstuerwen as.
Haut lieft kengt méi vun hire Kanner.
D'Julie Melsen war dat lëscht vun hinnen, a si huet bis zu hirem Liewensenn hei bei éis gewunnt, an ass de 7. Januar 1993 zu Ettelbréck an der Klinik verstuerwen.
Schwachtgen's Misch, hire Mann huet eis leider och d'léscht Joer den 20. November 2000 verlooss, nodeems hien kurz virdru vu Schieren op Echternach geplënnert war.

Fazit: zu Schieren liewt et sech am beschten

Speziell ervirgehuewen gouf deen Dag een Enkelkand aus dëser Famill, de Jong vu Melsen Elise an dem Albert Aubier,... den Général de Brigade Jean Aubier.




Hien koum an "Phlöppches" de 4. August 1924 op d'Welt an ass och zu Schieren an d'Spillschoul gaangen. D'Primaire- an Oberprimaireschoul huet hien vu 1930-39 zu Péiteng absolvéiert. De Kolléisch huet hien duerno am Lycée zu Esch, zu Dikrech a Lëtzebuerg bis 1945 gemaach. Zwëschenduerch ass hien 1942 op Burg Stahleck an den Arbeitsdienst deportéiert ginn, dest zesumme mat villen anere Lëtzebuerger.
Seng Militaire-Carrière huet hien 1945 als Volontaire an der Offizéiesch-Schoul zu Saint-Cyr ugefangen.

An deenen folgende Kricher war hien am Asaatz:
forces françaises d'occupation en Allemagne ....... 45-46
Indochine ........ 52-54
Maroc ............ 55-57
Algérie ............ 62-63
Ënnert sengem Kommando hu vill Zaldote gedéngt.

Erlaabt mer awer wann ech nët all seng militairesch Missiounen opzielen, well gleewt mer et et waren der ganz vill bis zum Schluss wou hien als Directeur général du cours supérieur des colonels d'Artillerie a seng wuelverdingte Pensioun gaangen ass.

Eng Aktioun awer huet mech besonnech erstaunt: Nodeems hien den Diplome militaire de langues étrangères am Däitschen an Engleschen kritt hat, huet hien sech de Luxus geleescht an de Koran op däitsch iwwersat... chapeau muss ech do soen...

Hien ass mat de folgenden franséische Médaillen ausgezeechent ginn:

Commandeur de l'ordre de la Légion d'Honneur
▪
Croix de Guerre avec 1 Palme et 3 étoiles d'argent
▪
Médailles de guerre en Indochine, Maroc et Algérie
▪
Croix du Combattant
▪
Médaille Coloniale

Doderbei koumen die folgend auslännesch Auszeechnungen:

Officier de l'Ordre Royal du Maroc
▪
Officier de l'Ordre Royal du Laos
▪
Médaille de Déporté- Résistant du G.-D. de Luxembourg




Hei e puer Wierder déi den Här Buergermeeschter deen Dag un den Generol geriicht huet:

*Soyez le bienvenu chez nous ensemble avec votre épouse. Recevez l'expression de notre estime et de notre respect. Un grand merci pour votre présence et l'intérêt que vous témoignez à votre village natal et n'oubliez pas de revenir, mon Général. Chez nous ici à Schieren, vous retrouverez toujours un accueil et une hospitalité certe modestes et simples, mais sûrement honnêtes et venant du fond du coeur.*

# Buet Louis

*Halli, hallo*
*Den Buet Louis ass erëm do.*
*Den Summer an d'Vakanzen sinn aus*
*An elo steet de Wanter eis an d'Haus.*
*Vum Buet Louis gin mir allerlee gewuer,*
*Wéi an wou eppes lass am Duerf*
*Well och fir den Wanter sinn schéin Fester ugesot,*
*An dorop fréen mir éis schon elo.*
*Dem Foussball seng "Ucht" ass ofgehal*
*Ech mengen et huet jiddferengem gudd gefall,*
*Genëssech Choucroute an vill Dessert goufen servéiert.*
*Zwëschenduerch kruten mir flott Sketcher présentéiert*
*E klengen léiwen Borscht ganz ouni Fuercht*
*Huet seng éischt Roll gudd iwer d'Bühn bruecht*
*Hinnen all mussen mir gratuléieren*
*An si fir den nächsten Optrëtt encouragéieren.*
*Op den Chrëschtmart gi mir elo nach agelueden*
*Do kréien mir allerhand ugebueden*
*Mat vill Freed erwaarde mir Chrëschtdag*
*een hellen Lichtbléck am tristen Alldag*
*Sylvester kënnt gléich hannendrun*
*An mat Neijoersdag fänkt alles erëm un*
*Mat neiem Mudd gi mir d'Joer 2002 un*
*An mir hoffen dass mir all vill Freed derbei hunn*
*Mam Buet Louis wënschen ech all Leit am Duerf*
*Nëmmen Gléck an Fridden, an stitt den Wanter*
*gudd duerch*

*Marthe Gengler-Huss*



*VLNR: Wagner-Fischbach Marichen, Meyrath Jengi, Reuter-Decker Triny, Kunnert-Junck Marianne, Fischbach-Kessler Juliette, Goerens-Hoffmann Anne, Goedert-Fischbach Jeanne, Fiedler Mil, Dondlinger-Kugener Suzanne, Fiedler Maisy, Raths-Bley Ketty, Gengler-Junck Germaine, Hoffmann-Meisch Marguerite, Hansen-Glodt Marguerite, Fischbach Victor, Wagener Camille, Nickels Metty, Bley Jeng.*

# Konveniat der Jahrgänge 1919-1926

**Am 5. Juli traf sich der auf knapp ein Drittel geschrumpfte Haufen der Schierener, die zwischen 1925 und 1939 die Primärschule in Schieren besucht hatten, zu ihrem alljährlichen Konveniat.**
**Seit dem Vorhergehenden hatten wiederum 3 die Reihen verlassen; mit einer Blumenniederlegung und einem stillen Gebet am Monument aux Morts gedachten sie ihrer und all derjenigen, die diese Reise schon vorher angetreten hatten.**

Auf dem Plan stand dann der Besuch der Carrières Feidt in Ernzen. Juniorchef Guy Feidt empfing die Schierener, erläuterte den Auf- und Ausbau des Betriebes, wo mit modernsten Maschinen und Kreissägen, alle Arten von Steinblöcken aus dem In –und Ausland computergesteuert in die gewollte Grösse und Form gebracht werden.
Auch konnte man sehen, wie gemahlener Steinstaub zu Blöcken zusammengepresst wird und wie Abfallstücke zu Randsteinen geschnitten werden. Unwahrscheinlich hoch scheint der Wasserverbrauch der Steinsägen, die auch nach Feierabend durchlaufen. Interessant ist dabei, dass der reelle Wasserverbrauch durch das geschlossene System äusserst gering bleibt.
Seniorchef Emile Feidt hat es sich, trotz der Nachwehen einer überstandenen Krankheit, nicht nehmen lassen, beim "Verre de l'amitié" dabei zu sein.
Er ist wie er selber sagt, ein halber Schierener, denn er hat seine ersten Sporen in einer Schmiedewerkstatt in Schieren verdient und zwar während den unglückseligen Kriegsjahren, wo er als glühender Patriot oftmals sein Leben aufs Spiel gesetzt hat.
Prügel und Maulschellen hat es geregnet, aber das Versteck der Luxemburger Deserteure hat er nicht verraten. Die Schierener freuten sich, dass Mulles wieder auf den Beinen ist.
Im Schloss Bourglinster wurde das Mittagessen eingenommen und nach dem Mahl wurden im Hof des Schlosses bei einem guten "Pättchen" noch viele Erinnerungen an die gemeinsame Schulzeit ausgetauscht.

Vic. Fischbach



# Konveniat vum Joergang 1960

No laangen Joeren haten d'Elvire an de Georges déi gudd Iddi fir mol endlech erëm e Konveniat vun eiser Klass ze organiséieren. No engem interessanten an léierreichen Nomëtteg am "Musée National d'Histoire Militaire" zu Dikrëch hu mir nach eng ganz Rei gemittlech Stonne zesummen beim "Pier" an der Fuussekaul verbruecht.

*v.l.n.r.: Georges Thill, Jacqueline Dostert-Dondlinger, Andy Ferrari, Mariette Zeien, Marie-Paule Dondlinger, Irma Schroeder, Elvire Goerens-Rodesch, Viviane Kerschen-Funck, Nico Posing, Claude Ney, Christiane Wengler-Heintz, Daniele Schmit-Mons, Jean-Paul Zeimes, Romy Zimmer-Hess, Patrick Berwick, Nico Mohr.*

# ROUTE DU NORD

Mi-novembre a eu lieu l'ouverture de la deuxième partie de la Route du Nord entre Schieren et Mersch sur une longueur de 10,5 km.
L'inauguration de ce tronçon va certainement améliorer la qualité de vie des habitants de Colmar-Berg et de Mersch. Les premiers travaux (le pont autoroutier «Mierscherberg») remontent à 1994.

Voici quelques chiffres impressionnants trouvés dans une brochure éditée par l'Administration des Ponts et Chaussées et le Ministère des Travaux Publics:

| | |
|---|---|
| Déblais: | 1.630.000 m³ |
| Remblais: | 1.530.000 m³ |
| Couche de forme et gravé laitier: | 307.000 m³ |
| Longueur des collectes: | 30.000 m |

Les ouvrages les plus importants sont:

| | |
|---|---|
| Tunnel «Kannerduerf»: | 500 m |
| Pont de l'Eisch: | 150 m |
| Passage à Gibier: | 150 m |
| Mur de soutènement (au sud du Viaduc de Colmar-Berg): | 1.200 m |
| Viaduc de Colmar-Berg: | 500 m |

Ce dernier ouvrage est d'ailleurs situé en partie sur le territoire de notre commune.

Lors de la cérémonie suivant l'ouverture, les différents orateurs ont tous souligné le rôle important et indispensable que la route du Nord aura à jouer dans le développement économique durable du nord.

Les premiers plans pour construire la route du Nord ont été réalisés au début des années soixante.
Plusieurs fois remise en question, la route du Nord a finalement vu le jour à la suite de la pression des forces politiques, syndicales et économiques de l'Oesling.

La dernière partie de la route du Nord reliant Mersch à la route d'Echternach sera terminée en 2006.

A la fin la patience paiera toujours.



# Sportleréierung 2001



En Freideg den 21ten September 2001 hat d'Sportskommissioun zesummen mat der Gemeng op déi schon bal traditionnel Sportleréierung invitéiert. Hei ginn souwuel Ekippen wéi och Eenzelsportler fir hir aussergewéinlech Leeschtungen am vergaangene Joer geéiert.
Dëst Joer waren et 2 Eenzelsportlerinnen an 5 Ekippen, an am ganzen 66 Sportler.
Bei den Eenzelsportler hun mir d'Jennie Thomas, wat zu Ettelbréck mat den Pupilles Basketchampion ginn war, an d'Kim Gillen, wat op der Landesmeeschterschaft vun den Pomjéen am Schwammen, op den 50 Meter fir d'Kanner vun 10 Joer, d'Goldmedaille gewonn hat, geéiert.



Duerno war den Tour un den Ekippen:
Hei huet Dammenekipp vum Basket et färdeg bruecht fir an d'Nationale 2 (di 2t héchst Klass) ze steigen.
Nodeem dass si an der Qualifikationsronn di 2t gi sinn, hu si an der Poule fir den Opstieg och déi 2t Plaaz beluegt, an zwar sinn si mat 26 Punkten hannert der Fiels gestiegen.

Beim TC Schieren sinn gléich 4 Ekippen geéiert ginn: d'Filles A, d'Filles B Dammenekipp an d'Härenekipp.
D'Filles A (Meedercher bis 14 Joer) an d'Filles B (Meedercher vun 15 bis 18 Joer),
Dammen an d'Härenekipp sinn alleguer Champion ginn.





Schliisslech ass och nach die 1scht Ekipp vum FC Jeunesse Schieren geéiert ginn, dëst fir hiren Verbleif an der Eierepromotioun. D'Sportskommissioun war der Meenung dass een och sollt déi Ekippen éieren, déi um 2t héchsten Niveau op nationalem Plang spillen.



All eenzelnen Sportler krut vum Här Buergermeeschter eng Erönnerungmedaille iwwerreecht.
Den Präsident vun der Sportskommissioun huet och net vergiess fir dem Bartholmés Raym fir séin laangjähregen Asaatz als Jugendtrainer merci ze soen.
Schliisslech krut och nach all Veréin eng Erënnerungplaque fir d'Leeschtung vun hiren respektiven Ekippen.
An sengem Schlusswuert huet den Här Buergermeeschter drop higewisen dass fir d'Gemeng d'Förderung vum Sport een wichtegen Engagement ass. Hien huet déi vill Efforen erwähnt déi d'Gemeng gemeet huet fir d'Infrastrukturen ze schafen déi dës gudd Resultater no sech gezunn hun. Niewt den Sportler huet hien awer och drun erënnert dass hannert den Erfollecher vun den Sportler och d'Traineren an Komitéen stinn.



# Journée du Grand-Age

## den 21. Oktober 2001 bei der Amiperas Schieren

No enger schéiner Mass fir déi liewend a verstuerwe Memberen, hu 75 Leit am Sall Plaz geholl, fir zesummen zu Mëtteg ziessen. D'Kichenekipp, déi ëmmer do ass, wann bei der Amiperas eppes lass ass, hat och dës Kéier e gudde Menu serwéiert. Géint 3 Auer huet de Kannerchouer aus der Gemeng Géisdrëf ee gefällege Koncert gesongen. An hirer Paus sin déi eelst Membere geéiert gin. De Präsident Jos Lutgen huet dat ganzt mat engem Gedicht ugefangen iwer: Die Sache mit dem Älterwerden.

*Op der Foto sin déi geéiert Leit, déi un der Feier deelgeholl hun: 1.Rei vu lenks no riëts sëtzen:*
*Elisabeth Michels, 85 J., Ettelbruck • Triny Reuter-Decker, 80 J. • Margot Meisch-Backes, 75 J. • Eugène Hengen, 75 J. Bissen*
*Marie Hengen- Jacoby 75 J. Bissen • Irène Ney-Cigrang, 75 J. • Irma Ries, 10 Joer Member vun der Amiperas Schieren.*
*Yvonne Furger-Theisen, 75 J. Mersch • Maus Weber-Barthel, 85 J. • Anne Brandenburger-Kieffer 85 J. Altersheim Mertzig.*
*2. Rei vu lënks no riëts:*
*Maggy Garson-Dupont, Sekretärin a Keessière • Jos Lutgen, Präsident • Helga Gillen-Wadlé, Komitésmember • Gunther Klose, 75 J.*
*Mariette Hess-Werdel, Vizepräsidentin • Pol an Yvonne Schmit-Werdel, Gëllen Hochzäit • Jean Thill, 75 J. • Jean Meyrath, 80 J.*

## THEATERFRËNN SCHIEREN

Mir stin och 2002 rëm op der Bühn, an zwar den **9.+10.** an de **15.+16. März** ëmmer um **19.30 Auer**.
Mir spillen ee lëschtegen 3 Akter
vum Etienne Clement:

### "D'Bom schléit zou"

Ënnert der Regie vum Nico Goerens stin Nicole Dicato, John Hilger, Jos Kempa, Jemp Kremer, Laurent Lutgen, Jessica Nilles, Lucienne Pick an Marianne Weis op der Bühn.
D'Aby Nilles an d'Gaby Lutgen pësperen.

**Mir hoffen dat och 2002 rëm vill Leit eist Theaterstéck kucke kommen a lëschteg Owender mat eis zesummen verbréngen.**

**Samschdes, den 2. Februar 2002**

**INDIACA TOURNOI MIXTE**
**mat**
**Kaffisstuff**
**an der Sportshal**

**Ufank vum Tournoi:**
**14h30**

**Jiddereen ass häerzlech wëllkomm.**

Kommt eng Tas Kaffi drénken, an ënnerstëtzt déi Schierener Ekipp.

# Wenn die Veteranen einen Ausflug machen.....

In der Generalversammlung konnten sich diesmal die Frankreich Fans nicht durchsetzen. Beschlossen wurde erstmals einen Ausflug in eine Großstadt und zwar nach Prag, der goldenen Stadt.
Nachdem sich leider nur 13 Mitreisende meldeten wurde beschlossen, und auch dies war ein Novum, die Reise mit einem Flugzeug zu machen.
Am 27 September war es endlich soweit. Hoffnungsvoll ging es per Auto zum Findel.
Beim Einchecken mussten dann einige Kollegen feststellen, dass es sich nicht um eine Kaffeefahrt nach Trier handelte. Für die Einreise nach Tschechien wurde ein gültiger Reisepass benötigt.
Einige hatten auf Grund einer Fehlinformation ihren Pass zu Hause gelassen, während andere entweder überhaupt keinen besaßen oder er längst abgelaufen war:
Daraufhin folgte Panik und blankes Entsetzen.
Glücklicherweise wurde das Problem dank

- der aufopferungsvollen Abby
- der Initiative unseres Sekretärs, der damit seinen Fehler ausbügelte
- eines fleißigen Schierener Gemeindesekretärs
- der Intervention unseres Minister sowie
- der Zuvorkommenheit des Passbüros gelöst.

Über Brüssel ging es anschließend nach Prag. Wegen des unerwünschten Problems mussten 2 Mann über Zürich nachreisen.

Da die Reise anstrengend war fielen die meisten gegen 4 Uhr morgens todmüde ins Bett. Am nächsten Tag war Kultur angesagt. Eine äußerst freundliche und kompetente Stadtführerin begleitete uns zuerst per Bus und anschließend per Fuß durch die herrliche Altstadt. Grosszügig verziehen wir ihr, dass sie uns zu Beginn für Ostfriesen hielt. Später am Abend, nach einem ausgezeichneten Essen und dem Besuch eines Konzerts von Bach, wurden dann die Höhen und Tiefen Prags erkundigt. "Honni soit qui mal y pense". Weil 2 Kollegen meinten die Stadtbahn würde im Kreis fahren und es sei egal auf welcher Seite des Bahnsteigs man einsteigt, mussten sie zu ihrem Entsetzen feststellen, dass es auch in Prag einen „Tramschapp" gibt.
Am Samstag morgen wurde zuerst die grossräumige Prager Burg besichtigt. Wir erfuhren viele interessante Details aus der Stadtgeschichte. Nachfragen war nicht erlaubt da bereits das süffige Bier wartete.
Der Nachmittag wurde zum Einkaufen von Geschenken für die Zuhausegebliebenen genutzt. Sonntags war bereits die Rückkehr angesagt.
Es gab noch einmal kurz Aufregung, weil die meisten Sabenaflüge wegen eines Streiks abgesetzt wurden. Das Sabenapersonal hatte aber ein Einsehen mit uns und wir landeten pünktlich um 15 Uhr auf dem Findel.
Insgesamt gesehen war es ein schöner und lehrreicher Ausflug. Manche können jetzt auch besser verstehen warum das Schnarchen für ihre besseren Hälften ein Problem darstellt.






# Vidéo: 150 Joer Gemeng Schieren

**Am Dezember 2001 ass d'Video Kassett vun den 150 Joer vun der Gemeng Schieren eisem Schefferot virgestalt gin.**

Folgend Reportagen vun de Festlechkeeten an Organisatiounen sin op VHS mat enger Dauer vun 72 Minutten ze gesin:

- Eis Gemeng
- Rene Peters - Lokalhistoriker
- Organisatiounskomitee
- Kranznidderleeung a Mass (Paschtouer Romain Gillen)
- Akadémesch Sëtzung
- 1. Mee Feier mat den Duerfveräiner
- Kiirmessonndeg – Hämmelsmarsch
- Ausstellung
- Nationalfeierdag Kiirch/Hal/Fakelzuch
- Spiller – Olympiad Praisverdeelung
- Militär – Musek Concert
- Sportsdag an der Hal mat de Veräiner
- ALPAPS Scheckiwwerrechung
- Amiperas
- Journée Commémorative
- Concert Spirituel Musek a Gesank

Des Kassett kann ee bestellen mat enger Iwwerweisung bei der Spuerkees op de Konto:
BCEE 1255/1858-2
HOBBY VIDEO SCHIEREN

Prais:
7,50 € fir Interessenten aus dem Duerf oder
10,00 € wann ech si muss verschécken.



Garson Nico
Schieren
Tel.: 81 93 98

# FAIR PLAY PREIS an F.C Jeunesse SCHIEREN

Niemand der den Club aus vergangenen Jahren kennt hätte es für möglich gehalten, dass er einmal die Trophäe Fair Play erhalten würde.
Am 22 Oktober 2001 war es dennoch soweit. Im Beisein von COSL Präsident Marc Theisen, dem FLF Präsidenten Henri Roemer sowie den Vertretern der Sponsoren "Le Republicain Lorrain" und "La Luxembourgeoise" fand die Preisüberreichung im Casino 2000 in Mondorf statt.
Ein freudestrahlender Präsident Jeng Di Cato erhielt den ersten Preis für die Vereine der Ehrenpromotion unter der Form eines Schecks über die stolze Summe von LUF 75.000.

Dass der Preis nicht unverdient war bewies der beachtliche Abstand vom 16 Punkten auf den Zweitklassierten. In keiner anderen Division war ein derart grosser Abstand zu verzeichnen. Zu den Bewertungskriterien sei bemerkt, dass die gelben und roten Karten sowie die Ordnungsstrafen bewertet werden!
Insbesondere den Spielern der ersten Mannschaft ist es zu verdanken, dass sie trotz des Kampfes gegen den Abstieg den Fair Play nicht vergassen. Es ist auch der Verdienst von Trainer Fernand Raths der der Mannschaft über die Jahre die notwendige Disziplin eingeimpft hat.
Aber auch die anderen Mannschaften sowie die Vorstandsmitglieder haben das Ihre dazu beigetragen, dass der Preis nach Schieren ging.



Es bleibt nur zu hoffen, dass wir die beiden anderen "Jeunesse" Mannschaften (Esch und Junglinster) nachahmen können die bereits zum dritten Mal in Folge zu den Laureaten gehörten.
Leider scheint es so zu sein, dass die Veteranenmanschaft dieses Jahr aus dem Rahmen fällt!
Dabei hätte man denken können, dass mit dem Alter und dem Gewicht auch der Respekt vor den Schiedsrichtern zunimmt!! Das Gegenteil aber scheint leider der Fall zu sein.
Ob die vom Verein verhängte Strafe in Form einer Ballspende eine Besserung bringt bleibt abzuwarten.



# Generalversammlung vun der Schirener Musek, de 24. November 2001

Samsdes virun Caeciliendag, sou wéi dat Traditioun ass, hat d'SCHIRENER MUSEK op hir 55. statutaresch Joresversammlung invitéiert. Am gutt gefëllte Sall huet de President Jean Nickels pénktlech ëm 18 Auer mat der Versammlung ugefaang an huet de Leit merci gesot fir hiert Kommen.

Et waren do, de Minister Charles Goerens, den UGDA-Vertrieder Jos Heintz, den Här Paschtouer Romain Gillen, Vertrieder aus dem Scheffen- a Gemengerot, Vertrieder vun den Duerfveräiner, Membren a Frënn vun der Schirener Musek.

De President huet dunn déi obligatoresch Mercien ausgeschwat, huet sech virun allem bei der Gemengeverwaltung bedankt fir déi finanziell a materiell Ënnerstëtzung, awer och bei alle Sponsoren an Donateuren, an zu gudder lescht bei den aktive Musikantinnen a Musikanten an de Membren aus dem Comité fir hiren Asaz uechter dat ganzt Joer am Dengscht vun der Musek.

Mat Freed huet hien duerno dat vergaangent Joer Revue passéiere gelooss an d'Haaptorganisatiounen ervirgestrach: de Galaconcert vum 21. Januar, ënnert dem Motto „Bella Italia", war e vollen Erfolleg, och den Hämmelsmarsch an d'Summerfest ware ganz zefriddestellend ausgefall. Méi kritesch awer huet hie sech mam Concert vun der héich anzeschätzender Harmonie „Sint Petrus en Paulus" vu Maastricht den 3. November ausenaner gesat. Hei goufen d'Publikumserwaardungen bäi wäitem net erfëllt an dës Manifestatioun huet ee bedeitenden Defizit hannerlooss.

Mä alles an allem, seet hien, ass dat vergaangent Joer als positiv anzeklasséieren. Net manner wéi 18 jonk an nei, mä och fréier Musikantinnen a Musikanten, sinn an d'Musek bäi- oder zréckkomm.

Dogéint goufen et leider awer och 3 Afgäng. Dësen Zouwuess ass virun allem zréckzeféieren op déi gutt Nowuessaarbecht déi an deene leschte Joren vum Marc Garson a vum Joe Kayser mat dem Jugendensembel, a vum Guy Nickels mat der Trommlerclique geleescht gëtt, an dat alles fräiwëlleg a gratis, wat verdéngt och emol ënnerstrach ze ginn. Deenen dräi hir Aarbecht gouf mat engem klenge Cadeau honoréiert.
Dësen Zouwuess u Musikanten gëtt allerdéngs och zu engem onbequeme Plazproblem am Museksall, an de President huet de Gemengeverantwortleche mat op de Wee ginn, méi ee grousse Sall an deem geplangten neie Kulturzentrum virzegesinn.

De Sekretär Raymond Storn huet dunn den detailléierten Aktivitéitsrapport a chronologescher Reiefolleg virgedroen. Mat 29 Optrëtter, 44 Prouwen an 10 Comitéssëtzungen stong vill Aarbecht um Programm.

De Keessjee Jules Wagener huet duerno, a senger him eegener Manéier, Abléck ginn an d'Finanzlag vum Veräin a konnt ee positivt Resultat verbuchen Stellvertriedend fir d'Keesskontrolleren huet de Marc Hilger dem Jules seng exemplaresch Konteféierung kommentéiert an huet d'Versammlung gebieden, dem Keessjee Entlaaschtung ze ginn.

Zwëschenduerch huet de Jugendensembel, ënnert der Leedung vun ofwiesselnd Marc Garson a Joe Kayser, fir ee flotte musekaleschen Encadrement gesuergt.

Den Nicolas Majerus, besser bekannt als „den Nukkes", zënter laange Jore Comitésmember a Musikant, huet leider aus Gesondheetsgrënn d'Reie vun der Schirener Musek verlooss. De President iwwerreecht him als besonnesch Unerkennung eng Auer a mengt, den Nukkes hätt vun elo un keng Uursaach méi, wann et emol ze spéit gëtt.

# Den Kléeschen op Besuch...

Nett némmen fir bei Musek
ze kommen hat den Kleeschen
sech Zeit geholl.
Hien war och der Invitation
vun der Jugend nokomm an,
trotz vill Aarbecht soss iwerall um Virowend,
vun Niklosdag nach eng 2te Kéier
op Schieren komm.
Am ganzen huet hien zesummen
mat der Schierener Jugend den Tour
bei 27 brav Kanner hei
zu Schieren gemach.



Duerno huet hien an den Housecker
nach en bësschen bei der Jugend
gerascht iir si den Tour weider
bei all déi aner Kanner gemaach hun.



# Niklosfeier

Pénktlech wéi ëmmer hat den Zinneklos och erëm dëst Joer Samsdes viru Niklosdag de Wee bei déi brav Kanner op Schieren fond fir hinnen eng kleng Freed ze maachen. Hien hat natiirlich och sei schwarze Gesell matbruecht, d'Fuercht stong villen am Gesicht geschriwwen, a munnech Tréin ass gefloss, wéi de Kleeschen a séi Gesell de gudd gefëllte Sall betratt hun.

De Kleeschen huet op der Bühn niewent dem Schëfferot Plaz geholl an huet interesséiert der Opféierung vu Nikloslidder, déi d' Schoulkanner ënnert der Leedung vum Léierpersonal virgedroen hun, nogelauschtert. Den Houseker ass nervös ronderëm getréppelt an huet fläisseg Rudde verdeelt.












Fir d'Organisatioun an de musekaleschen Encadrement suergt zënter 1947 d'Schirener Musek.
D'Beschérung iwwerhëllt selbstverständlech d'Gemeng.

## Bärbelendag-Feier bei de Pompjeeën

Zënter etleche Joren feieren d'Schierener Pompjéeën d'Fest vun hirer Patréinesch, der Helleger Barbara, och Bärbelendag genannt. Den Datum vun der Helleger Barbara ass de 4. Dezember.

D'Helleg Barbara gëtt nit nëmme vun de Pompjeeë geéiert, mais och vun de Biergleit, déi an de Grouwe geschafft hun. Hei am Land sin d'Feierlechkeete besonnesch grouss am Minett an am Westen (ë.a. Maarteleng, Wolwen).

Och wann haut nit méi am Biergbau geschafft gëtt, sou bleift des Feier weider ee feste Bestanddeel vum kulturelle Liewen, eng Traditioun, déi vu Generatioun op Generatioun weidergeleed an opgebaut ginn ass.

Nieft de Pompjeeën an de Biergleit ass d'Helleg Barbara Patréinesch vun de Kanonéier, Gefaangenen an de Stierwenden. D'Helleg Barbara gehéiert zu de 14 Nouthelfer.

D'Schierener Pompjeeën hunn dest Joer e Sonndeg, den 2. Dezember gefeiert. An der Galauniform hun déi Grouss an d'Jugendpompjeeë mat hire Fändelen um feierleche Gottesdengscht deelgeholl, dee vum Paschtouer Romain Gillen zelebréiert gouf.



No der Mass ass ët weider gaang am "Restaurant Traffic" bei der Goodyear-Piste zu Colmer-Bierg. Beim Apéritif, un deem de Schäfferot, de Paschtouer a verschidde verdingschtvoll Membere deelgeholl hun, huet de Kommandant Aly Lamborelle jidderengem Merci gesoot fir déi an de vergaangene Méint geleeschten Aarbecht am Dingscht vun de Matbierger an de Pompjeeën.



Bei engem gudden Iessen ass den Bärbelendag 2001 ofgeschloss gin.

Jos Nerancic



# Generalversammlung vun der Schirener Musek, de 24. November 2001

Samsdes virun Caeciliendag, sou wéi dat Traditioun ass, hat d'SCHIRENER MUSEK op hir 55. statutaresch Joresversammlung invitéiert. Am gutt gefëllte Sall huet de President Jean Nickels pénktlech ëm 18 Auer mat der Versammlung ugefaang an huet de Leit merci gesot fir hiert Kommen.

Et waren do, de Minister Charles Goerens, den UGDA-Vertrieder Jos Heintz, den Här Paschtouer Romain Gillen, Vertrieder aus dem Scheffen- a Gemengerot, Vertrieder vun den Duerfveräiner, Membren a Frënn vun der Schirener Musek.

De President huet dunn déi obligatoresch Mercien ausgeschwat, huet sech virun allem bei der Gemengeverwaltung bedankt fir déi finanziell a materiell Ënnerstëtzung, awer och bei alle Sponsoren an Donateuren, an zu gudder lescht bei den aktive Musikantinnen a Musikanten an de Membren aus dem Comité fir hiren Asaz uechter dat ganzt Joer am Dengscht vun der Musek.

Mat Freed huet hien duerno dat vergaangent Joer Revue passéiere gelooss an d'Haaptorganisatiounen ervirgestrach: de Galaconcert vum 21. Januar, ënnert dem Motto „Bella Italia", war e vollen Erfolleg, och den Hämmelsmarsch an d'Summerfest ware ganz zefriddestellend ausgefall. Méi kritesch awer huet hie sech mam Concert vun der héich anzeschätzender Harmonie „Sint Petrus en Paulus" vu Maastricht den 3. November ausenaner gesat. Hei goufen d'Publikumserwaardungen bäi wäitem net erfëllt an dës Manifestatioun huet ee bedeitenden Defizit hannerlooss.

Mä alles an allem, seet hien, ass dat vergaangent Joer als positiv anzeklasséieren. Net manner wéi 18 jonk an nei, mä och fréier Musikantinnen a Musikanten, sinn an d'Musek bäi- oder zréckkomm.

Dogéint goufen et leider awer och 3 Afgäng. Dësen Zouwuess ass virun allem zréckzeféieren op déi gutt Nowuessaarbecht déi an deene leschte Joren vum Marc Garson a vum Joe Kayser mat dem Jugendensembel, a vum Guy Nickels mat der Trommlerclique geleescht gëtt, an dat alles fräiwëlleg a gratis, wat verdéngt och emol ënnerstrach ze ginn. Deenen dräi hir Aarbecht gouf mat engem klenge Cadeau honoréiert.
Dësen Zouwuess u Musikanten gëtt allerdéngs och zu engem onbequeme Plazproblem am Museksall, an de President huet de Gemengeverantwortleche mat op de Wee ginn, méi ee grousse Sall an deem geplangten neie Kulturzentrum virzegesinn.

De Sekretär Raymond Storn huet dunn den detailléierten Aktivitéitsrapport a chronologescher Reiefolleg virgedroen. Mat 29 Optrëtter, 44 Prouwen an 10 Comitéssëtzungen stong vill Aarbecht um Programm.

De Keessjee Jules Wagener huet duerno, a senger him eegener Manéier, Abléck ginn an d'Finanzlag vum Veräin a konnt ee positivt Resultat verbuchen Stellvertriedend fir d'Keesskontrolleren huet de Marc Hilger dem Jules seng exemplaresch Konteféierung kommentéiert an huet d'Versammlung gebieden, dem Keessjee Entlaaschtung ze ginn.

Zwëschenduerch huet de Jugendensembel, ënnert der Leedung vun ofwiesselnd Marc Garson a Joe Kayser, fir ee flotte musekaleschen Encadrement gesuergt.

Den Nicolas Majerus, besser bekannt als „den Nukkes", zënter laange Jore Comitésmember a Musikant, huet leider aus Gesondheetsgrënn d'Reie vun der Schirener Musek verlooss. De President iwwerreecht him als besonnesch Unerkennung eng Auer a mengt, den Nukkes hätt vun elo un keng Uursaach méi, wann et emol ze spéit gëtt.



Folgend Musikantinnen a Musikanten goufe vum UGDA-Vertrieder Jos Heintz a vum éischte Scheffen Jos Zeimes dekoréiert:

den „Insigne" fir 5 Joer:
Jeff Bernard, Jessica Durieux,
Paul Neu, Fabienne Schmit,
Sarah Thill, Audrey Weinquin,
Anne Zeimes

d'Sëlwermedail fir 20 Joer:
Romain Gillen, Myriam Kuffer-Plier,
Edouard Schenten

d'Goldmedail fir 30 Joer:
Fernand Weber

d'Goldmedail mat Palmetten
fir 40 Joer:
Camille Pletschette

De Jos Heintz huet d'Gléckwënsch vun der UGDA iwwerbruecht an huet dem Veräin felicitéiert fir dat gutt Schaffen a besonnesch fir dee formidable Musikantenzouwuess. Hien huet un déi Jonk appeléiert, vun elo un awer och un der Staang ze bleiwen.

Stellvertriedend fir de Buergermeeschter Jos Lutgen, deen sech entschëllegt hat, huet de Jos Zeimes, am Numm vun der Gemeng, der Schirener Musek merci gesot fir hiren Engagement bei kierchlechen a weltleche Geleënheeten an huet d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng fir méi ee grousse Proufsall versprach. Nom Schlusswuert vum Minister Charles Goerens, huet de President d'Versammlung opgehoff an huet jiddereen op e Patt invitéiert, offréiert vum Nukkes.

Hei nach de Comité vun der Schirener Musek:
President Jean Nickels,
Vizepresident Edouard Schenten,
Sekretär Raymond Storn,
Keessjee Jules Wagener.

Membren: Gusty Feinen, Marc Garson, Robert Hanff,
Martin Hendriks, Alfred Kayser, Joe Kayser, Fränk Meyer,
Aloyse Nickels, Raoul Origer, Camille Pletschette, Claude Schaus

Éierepresident ass de Jean Thill,
Éierevizepresident de Pierre Feinen,
Archivar ass den Ady Kugner.

# NEIES VUN DEN MASSENDENGER

Wéi schons e puer Joer virdrun, hate mir de Kanner versprach een Ausfluch ze maachen. A well si alleguer d'ganz Joer iwwer gudd matgeschafft haten, war et dann de 15. September 2001 esou wäit.
Zesumme si mir mam Bus op Hagondange bei Metz an de Schloumpf-Walibi gefuer.
Den Datum, dee mir erausgesicht haten, war optimal. Am Park ware bal keng Leit ausser de Schierener Massendénger. An esou konnte mir wirklech vun den Attraktiounen am Park profitéieren.
An ewéi dir op de Fotoen gesitt war fir jiddereen eppes derbäi.



D'Wieder hat bal bis zum Schluss matgespillt. Um 16.00 Auer waren déi eng midd an déi aner dronkesch vum Karrussel. Awer alleguer si mir zefridden heem gefuer.



## MAFREMA - DAAG zou Ettelbruck am Pensionnat Ste Anne.

**(MAFREMA - MAt FREed MAssendénger sin)**

Den 29. Oktober 2001 waren eis Massendénger op de Formatiounsdaag, deen all Jor vun der Massendéngerzentral organiséiert gëtt. (dest Joer waren 250 Massendénger aus dem ganze Land um Rendez-vous). Mir ware mat 7 Kanner op Ettelbréck. D'Kanner mat hire Responsabelen hun un deene verschidden Atelieren deelgeholl. Mir sin eppes geléiert gin iwert déi verschidden Helleg, d'liturgesch Geräter an de Kiircheraum. Net nëmmen d'Kanner hun hei eppes bäigeléiert.
Dësen intressanten Daag hat ee flotten Ofschloss mat enger Andacht an der Kathedral an der Stad.

Als Responsabel op dësem Tour ware matt: Romain Gillen, Camille an Agnès Schartz, Josiane Gillen a Sylvie Berwick.



# D'MASSENDENGER BASTELEN FIR CHRESCHTDAAG

Eis Iddi war: Mir bastele flott Saache fir Chrëschtdaag, mir hu Spaass zesumme a vleicht kënne mir domat och nach eis Keess opbesseren. Nodeems mir een Atelier op der Schierenermillen zur Verfügung gestallt kritt hatten, konnt eis näischt méi ophalen (op dëser Platz een häerzleche Merci der Famill ORIGER Raoul). Während e puer Samsdecher hun d'Kanner mat Eifer gemolt a gepecht. Eis grouss Meedercher hu sech ët nët huelegelooss fir flott Arrangementer zesummen ze stellen.

Den 1. Adventsonndeg konnte mir eis Wierker an der Kiirch présentéieren. A mir ware frou datt eis Saache gudd bei de Leit ukoumen. Merci all denen, déi eis hei finanziell ënnerstëtzt hun.







Mëtt November hate mir ugefang mat de Prouwe fir d'Krëppespill.
Och dëst Jor hat d'Madame Plier sech erëm Zäit geholl fir mat de Kanner den Text anzestudéieren.
Mat engem méi moderne Krëppespill haten eis Massendenger dësen Hellegowend an der Kiirch verschéinert.

Et hu matgewiirkt:
Jennie Thomas, Schaus Lis, Thill Laura, Berwick Chris, Gillen Annick, Origer Tom, Vaz Leite Sonia, Dalfino Marina, De Pinho Tania, Mossong Marie-Claire, Teodoro André, Figueirado Marylène, Delgado Elton John, Filipa Andrea.

Sylvie Berwick



# GAART AN HEEM SCHIEREN

## De Gaart an Heem Schieren zu Dresden



*D'Schierener Klenggäertner virum Juegdschlass Moritzburg*

Den 16. Juli 2001 ass de Gaart an Heem Schieren op *Dresden* gefuer.Schons fréi Moies ëm 5.00 Auer gong et bei der Kiirch fort. No der Kaffispaus an der *Studentenmühle* zu *Nomborn* gong et weider bis op *Wandersleben*. Do gouf zu Mëtteg giess.

Zu *Dresden* hu mer am *Hotel Dorint* logéiert. Deen éischte Moien huet d'Wieder nach nët esou richteg matgespillt. Mä de Reen huet eis net dru gehënnert, mat eisen zwou Guiden duerch Dresden ze trëppelen. Am Restaurant vum *Schlass Pillnitz* hu mir zu Mëtteg giess. Well d'Wieder net besser gouf si mer dunn nët duerch de Park vum Schlass getrëppelt, mä mir sin zréck op *Dresden* gefuer an hun am *Albertinum* eng onbezuelbar Konschtsammlung bestaunt.

Deen drëtten Dag huet eisen Tour eis op *Meissen* gefouert, wou mir an der Schauwierkstaat vun der Meissener Parzläinsfabrik dee ganzen Oflaf vun der Parzläinsfabrikatioun erklärt kruten.
Mir hun beim *Vinzenz Richter* zu Mëtteg giess an duerno sinn di eng op d'Albrechstbuerg erop getrëppelt, di aner sinn léiwer ënnen an der Staad bliwwen. Duerno gong d'Rees weider op *Moritzburg* wou mer *d'Juegdschlass Moritzburg* besichtigt hun. Owes hu mer am bekannten *Brauhaus Watzke* zu Nuecht giess.

Dee nächsten Moien huet et dun geheescht nach eng Kéier vun deem phantastische Buffet ze profitéieren. D'Valisse goufen an de Bus gelueden an schons gung et nees op heem zou. Zu *Bad Hersfeld* hu mer zu Mëtteg giess an owes si mir am *Hotel Kirchen* zu *Bour gudd servéiert gin.*

Deen Enge war et zäiteweis ze naass, deen Aneren ze kaal an rëm Aneren ze waarm. Nujee, et ass net ëmmer einfach fir jidderengem et op d'Mooss ze maachen.

Et war ee flotten Tour, mir hu vill gesin a virun allem gudd giess (wat jo och ganz wichteg ass).

*Es wächst viel Brot in der Winternacht,*
*weil unter dem Schnee frisch grünet die Saat;*
*erst wenn im Lenze die Sonne lacht,*
*spürst du, was Gutes der Winter tat.*

*Und deucht die Welt dir öd und leer*
*und sind die Tage dir rauh und schwer,*
*sei still und habe des Wandels acht:*
*es wächst viel Brot in der Winternacht.*

*Friedrich Wilhelm Weber*

## Dîner de Remerciement

Zum Ofschloss vun de Feierlechkeeten vu sengem 75. Gebuertsdag huet de Veräin d'Pätteren an d'Giedelen vu sengem Fändel esou wéi d'Mataarbechter a Mataarbechterinnen vum Organisatiounskommittee zu engem Dîner de Remerciement agelueden.

**Rendez-Vous war Freides,**
**den 08. Dezember 2001 owes ëm halwer siewen**
**am Restaurant Lanners zu Ettelbréck.**

Nom Apéritif hu mir Plaaz geholl am Restaurant, deen der Joereszäit entspriechend feierlech dekoréiert war. Den Här Charel GOERENS konnt net bäi eis bleiwen, well hien nach aaner Verpflichtungen hat. Hien huet eisem Veräin nach eng Kéier gratuléiert an him alles denkbar Positives fir d'Zukunft gewënscht.

Duerno huet de President, den Här Jos ZEIMES, d'Leit begréisst. Hien huet all déi obligatoresch Mercien ausgesprach, déi ubruecht sin no sou Feierlechkeeten. An éischter Stell seet hien de Giedelen a Pätteren nach eng Kéier villmols Merci fir hir finanziell awer och moralesch Ënnerstëtzung dat ganzt Joer iwer. Besonnesch huet hien un den Här Camille WAGNER erënnert, deen eis am Laaf vum Joer verlooss huet. Am Nomëtteg hu mir him Blummen op d'Graf gestallt. De President denkt och un déi Pätteren a Giedelen, déi aus gesondheetleche Grënn dësen Owend net konnten mat éis verbréngen. Ee grousse Merci gëllt natiirlech dem Organisatiounskommittee, mat un der Spëtzt, dem Här Raymond HESS. Zesummen mam Kommittee vum Gaart an Heem Schiren gouf eng Brochure zesummegesat, d'akademesch Sitzung, ee Molconcours fir eis Schoulkanner an de Mammendag 2001 organiséiert. Et war, wéi bei all deenen Fester, vill Aarbecht, mä wann dann alles gudd geklappt huet, soll jiddereen frou an zefridden sinn. Eise President war op jidferfall zefridden an hien huet dat och méi wéi eng Kéier betount.

No all deene villen Mercien hu mer eis et dunn gudd schmaache gelooss an nach e puer gemittlech Stonnen mateneen verbruecht.



# EIS SCHOUL

An dëser Editioun ass et den Tour un de Spillschoulsklassen fir sech virzestellen:

Op der éischter Foto gesitt Dir d'Spillschoulskanner, déi bei der Madame Decker-Marbach Elvire an der Klass sin.



vlnr: Jimmy Concalves, Nadine Kolling, Lynn Weber, Dave Simon, Noah Leuk, Carolina Da Costa Timoteo, Damien Guidice, Stephanie Martins, Tom Zanter, Pit Elcheroth, d'Madame Decker-Marbach Elvire.
Leider, net op deser Foto drop: Rafael Alves

D'Madame Decker-Marbach, besser bekannt als d'Joffer Elvire huet 1972 hei zou Schieren am Préscolaire ugefaang, an dest mat enger Klass vun 39 Kanner.
Zum Wuel vun de Kanner huet sech an der Teschenzäit sou muenches verännert.
Zb:

- d'Klasseneffektiver sin erofgaang
- d'Schoul ass méi kannerfrëndlech gin.
- de Schoulhaff ass de spillereche Bedürfnisser vun de Kanner ugepasst gin

Haut schaffe mir an dräi Klassen no deene modernste pädagogesche Methoden a mat de beschte Materialien zum Wuel vun de Schierener Spillschoulskanner.



# EIS SCHOUL



Hei gesitt Dir d'Spillschoulsklass vun der
Joffer Piaia-Meiers an der
Joffer Claudine Schmitz-Walesch.



vlnr: Daniel Da Silva Pinto, Sven Marbes, Rafael Freitas Costa, Patrick Soares Fernandes, Michelle Kolling, Mehmed Kuc, Noveno Bernardi, Jessica Martins, Pit Elcheroth, Conny Pauwels, Kimberly Doerfel, Loris Zanier, d'Madame Schmitz-Walesch Claudine
D'Madame Piaia-Meiers Nathalie ass nach bis de Februar am Congé de maternité.

D'Joffer Piaia-Meiers Nathalie schafft vun 1993 un an der Spillschoul zou Schieren.
Seit 1999 deelt si eng Tâche mat der Joffer Schmitz-Walesch Claudine.

Dëst ass d'Spillschoulsklass vun der Joffer Nickels Nadine, gebiertech vu Schieren.



vlnr: Jenny Bodson, Christiane Carvalho Oliveira, Jessica Rodrigues Delgado, Giorgio De Bartolo, Yves Feinen, Isabelle Bauler, André Carvalho De Pinho, Luc Theis, Elisabethe Figueiras De Sousa Rodrigues, Xavier Ahles, Steven Da Cruz Goncalves, Artur Pinheiro Tavares, d'Joffer Nadine Nickels

Dest ass zwar schons dat 4. Jor wou si als Spillschoulsjoffer schafft, awer eréicht dat 1. Jor hei zou Schieren. Dat läit awer nët dorun, dat si sou gären vun enger Gemeng an déi aner wiesselt, mee villméi dorun, dat déi définitiv Plazen an der Spillschoul hei am Land zimmlech knapp sin.

Dest provisorecht Schaffen huet zwar dee groussen Nodeel, all Joer sech mussen un eng nei Gemeng, een neie Schoulsystem an un nei Aarbechtskollegen ze gewinnen, mee anerersäits ass et awer och ganz interessant: Et sammelt ee vill méi Erfahrongen, an zwar dodurch, dat een ëmmer erëm mat anere Leit zesummen schafft.

